M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Ech géif direkt d'Wuert dem Här Norbert Haupert gi fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Haupert, Dir hutt d'Wuert.

1. Dépôt d'une motion par M. Norbert Haupert

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Merci, Här President. Am Numm vun de Kolleege vun dem Conseil de l'Europe wollt ech hei eng Motioun déposéieren, well mer constatéieren, datt elo vun der EU eng international Konventioun soll ënnerschriwwe ginn am Kader vun de Politiques de voisinage de l'Union européenne, déi erëm en neien Organe, e „Fonds européen pour la démocratie" géif an d'Liewe ruffen.

Mir mengen, datt an där ganzer Politik vun dem Voisinage Länner dra sinn, déi och am Conseil de l'Europe sinn, esou datt mer eis d'Fro stellen, ob esou en neit Organ noutwendeg wier. A mir géifen d'Regierung invitéieren, fir sech deem ze opposéieren.

Motion

La Chambre des Députés,

- constate avec étonnement l'idée qui circule dans les enceintes européennes de créer un Fonds européen pour la démocratie, qui serait institué par une Convention internationale et s'inscrirait dans le cadre de la politique de voisinage de l'Union européenne;

- s'interroge sur la cohérence politique de ceux qui soutiennent une telle initiative en pleine période de crise budgétaire aiguë dans un grand nombre de pays membres de l'Union européenne, alors même que le Conseil de l'Europe remplit déjà cette mission;

- rappelle que la principale limite opposée au Conseil de l'Europe lorsqu'il entend exercer la totalité de ses missions est d'ordre budgétaire et s'étonne que cette contrainte disparaisse, dès lors que la démarche suivie s'inscrit dans le cadre de l'Union européenne;

- souligne qu'à l'exception du Belarus, les États concernés par le partenariat oriental de l'Union européenne appartiennent au Conseil de l'Europe et que celui-ci développe de très efficaces mécanismes de suivi («monitoring»);

- insiste sur le fait que l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe a su dépasser la logique territoriale pour accorder le statut de partenaire pour la démocratie au Maroc et au Conseil national palestinien, répondant de la sorte aux objectifs de la politique étrangère de l'Union européenne;

- fait observer que le Conseil de l'Europe est la seule organisation multilatérale mondiale a avoir accordé un statut de partenaire aux ONG internationales, via la Conférence des OING;

- renouvelle son souhait que l'Union européenne ne duplique pas systématiquement et à grands frais les organes et politiques du Conseil de l'Europe, à l'image de l'Agence des droits fondamentaux ou de la création d'une nouvelle assemblée parlementaire internationale pour le partenariat oriental (Euronest);

- souligne que la création dans chaque État membre d'une nouvelle organisation, comme prévu en l'espèce, ici à Varsovie, répond certainement à une logique d'aménagement du territoire communautaire, mais en aucun cas à celle d'une politique rationnelle et respectueuse du contribuable européen;

invite le Gouvernement

- à s'opposer très fermement à une initiative particulièrement inopportune à l'heure où l'Union européenne avance sur la voie de l'adhésion à la Convention européenne des droits de l'Homme et que s'esquisse ainsi un rapprochement bienvenu entre les deux grandes organisations paneuropéennes.

(s.) Norbert Haupert, Fernand Boden, Félix Braz, Lydie Err, Marc Spautz.

M. le Président.- Merci dem Här Norbert Haupert. Mir kommen dann elo zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien, nämlech dem Projet de loi 6232 iwwert d'ADEM. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz a Bauler, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

2. 6232 - Projet de loi:

1. portant création de l'Agence pour le développement de l'emploi;

2. modifiant

- le Code du Travail;

- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

- la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration;

3. abrogeant la loi modifiée du 21 février 1976 concernant l'organisation et le fonctionnement de l'Administration de l'emploi et portant création d'une Commission nationale de l'Emploi

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Lucien Lux *(LSAP), rapporteur.*- Gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären.

(Interruptions)

Geet et lech gutt? Hutt Der gutt geschlof?

(Interruption)

Da sinn ech frou.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir diskutéieren de Moien d'Reform vun der ADEM a kommen domadder op d'Diskussiounen zréck, déi och an dëser Chamber an deene leschte Jore fir vill Diskussiounen oft gesuergt hunn an der Kommissioun; an déi sécherlech zu deene Reforme gehéiert, iwwert déi hei zu Lëtzebuerg bal am längsten, heiansdo iwwer 15, 20 Joer schonn diskutéiert gëtt. Si reit sech an an déi Aarbechten - an ech mengen, dat wäerte mer de Moie sécherlech och diskutéieren -, déi och an der Evaluatioun vun der Beschäftegungspolitik tout court ze féiere sinn. A mir hu jo duerno e Projet de loi nach ze diskutéieren iwwert d'Verlängerung vun enger Rei vu Moossnamen, wou dat och ee Bestanddeel vun eisen Debatte wäert sinn.

Dat Arbeitsamt, wat mer haut kennen, zréckgoend op d'Reformen an d'Entstehung an de 70er Joren, ass sécherlech dréngend reformbedürfteg gewiescht. Dat schonn nëmmen eleng opgrond vun enger Ekonomie an engem Aarbechtsmaart, dee sech an dësem Land an deene leschte Joren extrem qualitativ a quantitativ entwéckelt huet an deen et méi wéi jee noutwendeg mécht, dass déi Aarbechtsmaartverwaltung net nëmmen eleng eng Gestioun vum Chômage mécht, den Enregistrement vu Chômeuren a vun Demandeurs d'emploi mécht, mä dass se méi wéi jee e „Serviceprovider" - géif een dat dann haut nennen - gëtt, deen eng aktiv, zilorientéiert, transparent Aarbechtsmaartpolitik méiglech mécht, deen derfir suergt, dass Leit, déi Aarbecht sichen, bei déi Aarbechtsplaze kommen, déi ugebuede ginn, an och heiansdo ëmgedréit derfir suergt, dass déi Plazen, déi fräi sinn, bei déi Leit kommen, déi op der Sich duerno sinn oder déi aarbechtslos sinn.

Wann een e puer Zuele fir d'Entwécklung vun eisem Aarbechtsmaart a vun eiser aktiver Bevölkerung kuckt, da gesäit een am Joer 1980 - an et ass awer gutt, sech déi Zuelen eng Kéier virun Aen ze féieren - en Emploi salarié vun 137.000, haut bei ronn 340.000. An do derniewent, wann een d'Zuel vun de Frontaliere kuckt an deemselwechte Joer 1980, bei 11.900, an haut bei ronn 150.000, dann ass scho villes gesot iwwert d'Noutwendegkeet fir déi nei Verwaltung, d'Dieren an d'Fënstere grouss opzemaachen, och iwwert d'Grenzen ewech grouss opzemaachen, fir hirer Aarbecht gerecht ze ginn, an dat och an engem Moment, wou och d'Chômagezuele vun 2% nach am Joer 1990 dach awer d'Tendenz hunn, fir op 7% eropzegoen, wann een de Previsiounen, déi de Statec an anerer an dësen Deeg maachen, ka gleewen.

Déi enorm Verännerungen an der Struktur vun eisem Aarbechtsmaart gesäit een och, wann een eenzel Secteure kuckt. Aus enger Stolindustrie, déi an de 70er Joren nach bal bis zu 30.000 Leit beschäftegt huet, sinn der haut - an ech schwätze léiwer net vun den Evenementer, déi mer an dësen Deeg nach erliewen - nach 5.000, 6.000 do, an ëmgedréit de Bankesecteur, deen dann déi Zäit an den 90er Joren net déi Entwécklung hat, mä bei 23.000 louch an haut bei iwwer 40.000 Persounen läit, déi an deem Secteur schaffen.

Dat heescht, och déi Entwécklung do vun engem Secteur, vun der Stolindustrie, deen dominéiert war vu Leit, déi manuell geschafft hunn, do gi mer haut vill méi an de Beräich vun de Servicer era mat Leit, déi aner Beschäftegungsprofiler hunn, an et muss sech deementspriechend och an där Verwaltung ëmgestallt ginn.

Mir hunn och d'Feststellung, dass e Chômage, dee laang Joren éischter e konjunkturellen Usaz hat, haut ëmmer méi ee strukturellen huet. A mir si jo scho laang geprägt vun deem Wuert vun der Inadéquatioun, déi mer op eisem Aarbechtsmaart erliewen. Tëschent der Tatsaach, dass dëst Land an deene leschte Joren, souguer an de Krisejoren, ëmmer nach Aarbechtsplaze geschafen huet an e positive Saldo um Niveau vu sengem Emploi hat, an dass trotz allem de Chômage an d'Luucht gaangen ass, dat weist, dass vill vun deene Résidenten net déi Formatiounen, net déi Qualifikatiounen haten, déi noutwendeg waren, fir déi Aarbechtsplazen ze hunn, oder aneschters ausgedréckt, dass déi Résidenten net an der Lag waren, sech géint déi Konkurrenz aus der Groussregioun ze behaapten, déi ëmmer méi derzou gefouert huet, dass Frontalieren, gutt qualifizéiert, gutt motivéiert, déi Aarbechtsplaze geholl hunn.

Ech mengen, mat där Problematik huet och déi nei Verwaltung ze dinn a sech deementspriechend och opzestellen, fir deem Beräich vun der Formatioun, vun der Weiderbildung méi Wäert ze ginn, wéi se dat bis elo nach mécht.

Mir hunn op där anerer Säit och bei de Constaten ëmmer erëm déi Feststellung - dat ass dann oft de Sproochgebrauch dobaussen -, dass d'Betriber sech ëmmer erëm driwwer opreegen, dass se vum Arbeitsamt net esou bedéngt ginn, net déi Leit kréien, déi se wierklech brauchen. Dat féiert natierlech och derzou, dass d'Umelle vun oppene Plaze beim Arbeitsamt onzefriddestellend ass an deementspriechend och déi Verwaltung oft net an der Lag ass, fir hirer Aarbecht gerecht ze ginn, well de Kontakt mat der Welt dobaussen, mam Privatsecteur, mä och mam öffentleche Secteur net esou gutt ass, dass en erlaabt, dass jiddwereen op deemselwechte Stand vun Informatioun a vun Informatioun vun oppene Plazen a vun Initiativen ass.

Och där Onzefriddenheet do, mengen ech, muss een entgéinttrieden. An ech mengen, dat ass de Versuch, deen dës Verwaltungsreform och mécht.

Wann ech soen: Wat ass dës Reform, a wat ass se virun allem net, dann ass dat, fir emol un éischter Stell ze soen, dass all Text, dee mer hei stëmmen, gedëlleg ass. Gedëlleg an deem Mooss, dass et an Zukunft, wéi iwwerall, drop ukënnt, wat déi Leit, déi muer an där neier Agence schaffen, mat deenen Instrumenter ufänken, déi se vum Gesetzgeber elo kréien.

Et geet also drëm, dat mat Liewen ze erfëllen. Et geet drëm, en Esprit ze hunn. An ech wëll direkt hei soen, well ech mengen, dat kënnen am Numm vun der Kommissioun ze soen, dass dat an de Verwaltungen oft ganz uewen am Kapp ugeet. An et ass ee vun de Punkten, déi jorelaang an der Kommissioun, schonn an der leschter Legislaturperiod an och dës Kéier, Bestanddeel vun eisen Diskussioune waren, dass d'Regierung an den zoustännege Minister sech och d'Moyenë musse ginn.

Mir iwwerloossen him, wéi en dat mécht, fir derfir ze suergen, dass mer eng Direktioun hunn, déi och deem Esprit bagarreur, deem Esprit d'ouverture, deem Esprit de transparence gerecht gëtt, fir derfir ze suergen, dass dat hei net lettre morte bleift, wat mer hei an dëst neit Gesetz aschreiwen, mä dass se derfir suergen, dass dat och ëmgesat gëtt an dass deenen neie Méiglechkeeten dann och eng effikass Politik hannendrugestallt gëtt.

Mir hunn e Rahmegesetz hei, wat et soll erlaben, méi effikass, méi aktiv ze schaffen. Mä, wéi gesot, eleng d'Gesetz geet net duer, fir grondleeënd Ännerungen ëmzesetzen. Dofir braucht et, wéi gesot, d'Mataarbecht an de Wëlle vun allen Acteuren, natierlech deenen an der Politik, natierlech bei deenen an där neier Agence, um Niveau vun der Direktioun a vum Personal, mä virun allem och bei de Patronen dobaussen, sief et privat oder öffentlech Patronen, déi opgefuerdert si mat dësem Gesetzestext, derfir ze suergen, dass se alles maachen, fir deene Leit, déi Aarbecht sichen, dann och deementspriechend gerecht ze ginn.

Ech géif och hannendrunhänken, dass et och drop ukënnt, dass déi Leit selwer, déi Aarbecht sichen, och opgefuerdert sinn, alles ze ginn, en Esprit bagarreur ze hunn, fir derfir ze suergen, dass och si derfir suergen, dass se all déi Méiglechkeeten notzen, déi ugebuede ginn.

An ech géif bei deem Appel un déi doten och drunhänken, dass dat och oft en Appel ass un d'Elteren, vis-à-vis vun hire Kanner derfir ze suergen, dass een net muss dovunner ausgoen, dass jiddwereen um städtesche Bus oder op der Eisebunn muss schaffen, mä dass, mengen ech, och am Privatsecteur doriwwer eraus haut gutt Emploien ugebuede ginn, déi et erlaben, fir e gudde professionelle Wee ze goen. An ech mengen, dat ass en Esprit, dee bei jiddwerengem, deen an de Käpp muss sëtzen.

Ech wollt soen, wat et net ass. Mir maachen eng Verwaltungsreform a mir hunn dofir jo an der Kommissioun an och hei schonn am Plenum virgëschter - de Kolleeg Claude Meisch an ech selwer d'lescht Woch bei de Budgetsdebatten - gesot, dass et noutwendeg ass, parallell och derfir ze suergen, dass mer eng seriö an effikass Evaluatioun maachen, déi jo amgaangen ass gemaach ze gi vu qualifizéierte Leit vun alle Beschäftegungsinitiativen, vun alle Beschäftegungsmoossnamen, déi mer an deene leschte Jore geholl hunn, fir sécher ze sinn - wat och d'Cour des Comptes jo schonn ugefaangen huet ze maachen -, dass mer net onnëtz Geld a Moossnamen erapompelen, déi sech erweisen, net där Effikassitéit an deem Zil gerecht ze ginn, firwat mer se hei gestëmmt hunn.

Déi Aarbecht, mengen ech, musse mer maachen. Dofir hu mer jo virgesinn an der Beschäftegungspolitik - dat ass nach, mengen ech, eppes aneschters wéi dat, wat mer hei um Niveau vun enger Verwaltungsreform diskutéieren -, dass mer dat am Ufank vum nächste Joer maachen, wann och vum Ministère éischt verlässlech Evaluatioune virleien, fir där Aarbecht dann do gerecht ze ginn.

Ech wëll och soen, dass iwwert dat eraus, wat dës Reform duerstellt, de Minister jo derfir gesuergt huet, fir net op dës Reform ze waarden, fir um Niveau vun der Aarbechtsmaartverwaltung scho fir nei Initiativen, nei Schrëtter ze suergen.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Astellung vu 35 neie Placeuren, muer „Conseillers professionnels", mat Erfahrung och aus dem Privatsecteur schonn amgaangen ass, ëmgesat ze ginn. Dat féiert dozou, dass fir déi al Placeuren - wann ech se esou kann nennen -, déi deemools ëm déi 600 bis 700 Dossiere pro Placeur hu missen traitéieren, déi Zuel drastesch wäert erofgoen op 200, 300 Dossiere pro Placeur. Dat sinn der nach vill, mä au moins ass et awer schonn en entscheedende Schrëtt an eng richteg Richtung.

Do derniewent, och erëm eng Kéier am Geescht vum Serviceprovider, deen déi nei Agence wëllt sinn, d'Eröffnung vun dräi neie regionale Büroen - a sech souguer véier, wann een dee Stater mat derbäirechent -, deen zu Diddeleng, deen zu Déifferdeng an deen zu Waasserbëlleg. Déi sollen derfir suergen, mengen ech, dass d'Kontakter och an de Regiounen net nëmme vis-à-vis vun deenen, déi Aarbecht sichen oder déi keng hunn, mä och vis-à-vis vun de Betriber kënnen dozou féieren, dass lokal, regional Initiative stattfannen, wéi et der an deene leschte Jore schonn ëmmer gouf.

Ech erënnere mech un déi Diddelenger, déi säit Laangem e sougenanntene Sommet de l'emploi an hirer Regioun gemaach hunn, wou d'Arbeitsamt och ëmmer derbäi war mat de lokalen Entreprisen, mat der Gemeng, mat allen Acteuren, fir wierklech ze kucken, sech géigesäiteg ze informéieren, géigesäiteg Iddien, Suggestiounen, Initiativen auszetauschen, wat ëmmer, mengen ech, gutt ass, fir an eng richteg Richtung positiv kënnen ze schaffen.

Bei den Haaptpunkte vun dëser Reform - ech wäert der eng Rei opzielen a maachen do net onbedéngt en Ënnerscheed tëschent deem, wat Ännerunge sinn, déi direkt am Gesetzestext stinn, oder deenen, déi sech aus dem Exposé des motifs eraus erginn, déi net onbedéngt am Gesetzestext stinn; wat dat vu Politiken dann herno och sollt erginn.

Deen neie Vocabulaire, deen déi nei Aarbechtsmaartverwaltung kritt, déi dann „Agence pour le développement de l'emploi" heescht, soll jo, mengen ech, och eng nei Philosophie erëmginn, ewech nëmmen eleng vun enger Chambre d'enregistrement vu Chômeuren an enger Verwaltung da vun Aarbechtslosegeld an esou virun, mä hin zu enger Philosophie vu proaktiver Aarbechtsmaartpolitik, tout en sachant - an ech mengen, och dat muss een hei soe bei dëser Geleeënheet -, dass d'Arbeitsamt oder muer d'Agence keng Aarbechtsplaze schaaft, dass se keng Léierplaze schaaft, mä ech mengen, dass se awer ee ganz wichtege Rôle ka spillen, fir, wéi ech et am Ufank gesot hunn, Aarbechtssichender bei Aarbecht ze brëngen an ëmgedréit. Ech mengen, déi Aarbecht do an déi Verantwortung hëlt awer keen där neier Agence ewech.

An deem neie Vocabulaire spigelt sech och erëm, dass ee muer vun „Proposition d'emploi" schwätzt an net vun „Assignation", dass ee vun „Conseillers professionnels" schwätzt an net vun „Placeuren", dass een net vun „Demandeur d'emploi", mä och vun „Client" schwätzt. Ech mengen, alles dat soll eng nei Philosophie an en neit Denken an d'Käpp vun allen Acteuren, net nëmmen deenen, déi bei där neier Agence wäerte schaffen, mä och vun all deenen anere ginn, fir derfir ze suergen, dass mer en aneren Esprit kréien.

Zweetens hunn ech gesot - dat ass och wesentlech -, dass mer bei de Placeuren, déi haut zu ëm déi 30 sinn, muer bei iwwer 70 wäerte sinn, déi als Conseillers professionnels wierklech och déi Erfahrungen aus dem Privatsecteur matbréngen, déi derfir suerge wäerten, fir geziilt a schnell Vermëttelung ze maachen. Ech mengen, op déi Kompetenz, op déi Erfahrungen ziele mer, fir dass dee Flux do besser spillt, wéi dat bis elo de Fall ass.

Drëttens wäert et noutwendeg sinn, fir eng systematesch Weiderbildung vun deem Personal ze maachen. Dat wäert muer méi wéi jee - an ech soen net, dass dat haut net geschitt; d'Welt gëtt och net ganz nei erfonnt, sécher net! -, mä ech mengen, dass et méi wéi jee verstäerkt op d'Weiderbildung vun all deenen Acteuren an der neier Agence muss féieren an dass och d'Zesummenaarbecht vun dëser Agence mat den Agencen an der Groussregioun, an de Länner, an den Nopeschlänner méi wéi jee muss groussgeschriwwe ginn, wann ee weess, dass mer haut jo schonn an dem Remboursement vun Aarbechtslosegeld, mengen ech, dräi Méint fir Leit, déi Frontalier sinn, matbezuelen, mä dass virun allem à partir vum 1. Mee d'nächst Joer och d'Méiglechkeet besteet fir Frontalieren, sech ënner gewëssene Konditiounen hei anzedroen.

Et ass mer gëschter gesot ginn, dass erwaart gëtt, dass dat bis zu 600 bis 800 Leit pro Mount kéinten am Ufank ginn. Wann dat sech bewahrheitet, da kënnt do eng Aarbecht op déi nei Agence zou, déi natierlech och eng nei Erausfuerderung quantitativ, mä virun allem och qualitativ an hirer Aarbecht wäert sinn.

Véiertens ass et noutwendeg, nei informatesch Systemer méi wéi jee ze notzen. Ech mengen, och hei gëtt jo dru geschafft, fir e Regëster vu Beruffer a mat enger Rei vu Froestellungen, déi sech do drunhänken, ze schafen, e franséische Logiciel, deen amgaangen ass, mengen ech, installéiert ze ginn, fir och derfir ze suergen, dass ee sech nei Moyenë gëtt, déi schnell an effikass derfir kënne suergen, fir de Leit ze hëllefen.

Fënneftens ass et méi wéi jee - mä ech mengen, dat ass och an anere Gesetzgebunge schonn ëmmer den Usproch gewiescht -, fir derfir ze suergen, dass ee vis-à-vis vun deene Leit, déi Aarbecht sichen, eng perséinlech an ugepasste Betreiung mécht, dass ee genau e Profil kann erstelle vun deene Leit, mat deenen een ze dinn huet: Wéi wäit si se wierklech an hirer Qualifikatioun, och an hirer sozialer Qualifikatioun, ewech vum Aarbechtsmaart? Wou si se situéiert? Wou kann ee se muer och am Aarbechtsmaart, um Niveau vum Aarbechtsmaart eran engagéieren?

Ech mengen, déi Aarbecht do, déi Analys an d'Erstellung vun engem genaue Profil, och zum Beispill muer bei deene Leit, déi am Reclassement sinn, ass sécher eng vun de wesentlechen Aarbechten, déi opgrond vun engem Bilan vun de Leit dann och muss gemaach ginn.

Sechstens: nei a vereinfacht Aschreiwungsprozeduren, déi sécherlech - an ech hunn dat gesot - an deenen neie regionale Büroe méiglech ginn, mat dem Ënnerschreiwe vun enger Convention de collaboration, déi genau d'Aufgaben an d'Flichte vum Conseiller professionnel engersäits, a vun deem, deen Aarbecht sicht, anerersäits fixéiert.

Siwentens: déi nei opgestallten Direktioun, collégial Direktioun, mat dräi Memberen, engem Direkter, zwee Directeurs adjoints. Ech widderhuelen hei net nach eng Kéier dat, wat sécherlech och nach aner Kolleege wäerte soen a wat eis déi leschte Kéier an der Kommissioun beschäftegt huet, wéi mer getagt hunn zesumme mat der Commission du Contrôle de l'exécution budgetaire an eng Analys gemaach hunn iwwert de Rapport, deen d'Cour des Comptes gemaach huet iwwer eng Rei vu Moossnamen an eng Rei vun Aarbechtsmethoden innerhalb vun der ADEM.

Ech muss soen, ech si jo laang hei an deem héijen Haus derbäi, ech hu selten ee Rapport gelies vun der Cour des Comptes - virdrun der Chambre des Comptes -, deen esou mam Fanger gewisen huet op deen Defizit vu Kollaboratioun, op den Defizit, wierklech op d'Problemer zouzegoen a se net ënnert den Teppech ze kieren, net einfach d'Oueren, d'Aen an de Mond zouzemaachen a vun näischt eppes wëllen ze wëssen, wéi bei där aktueller Direktioun, déi mer an der ADEM hunn.

Dat ass net de la Responsabilité vun der Chamber, sech dorëm ze këmmeren, dat ass déi vun der Regierung. Mä ech mengen, an der Ëmsetzung vun dëser Reform ass dat ee vun deene Punkten, wou mer dem Minister bonne Chance, bon Courage a bonne Solution wënschen, fir derfir ze suergen, dass vum Kapp un derfir gesuergt gëtt, dass déi Reform och hei wierklech an all hire Facetten an hanner all hire Kommaen och herno kann ëmgesat ginn a mer net esou Rapporten nees eng Kéier musse liesen, wéi deen, dee mer vun der Cour des Comptes virun e puer Woche kritt hunn!

Aachtens sinn déi eenzel Servicer Servicer, déi mer engersäits kennen, an nei Servicer, déi derbäikommen, déi och weisen, wouhin d'Rees soll goen. Natierlech de Service vun de Conseillers professionnels, de Service fir den Développement de l'emploi a vun der Formatioun, mä och déi, déi derbäikommen: de Service vun de Salariés à capacité de travail réduite, de Service administratif, de Service vun den Employeuren, dee mir schéngt extrem wichteg ze sinn - d'Relatioun mat den Employeuren, wierklech dofir ze suergen! Hei lafen och elo haut schonn eng ganz Rei vun Initiative mat de Federatioune fir, wéi ech virdru gesot hunn, d'Dieren an d'Fënstere grouss opzemaachen.

An ech mengen, et wäert och wichteg sinn, an deem nei gegrënntene Service vun Etüden a Recherchen déi néideg Statistiken an déi néideg Analysë vun eisem Aarbechtsmaart ze maachen. Well nëmmen, wann ee genau Kenntnisser huet vun deem, wat dobausse geschitt, wann een d'Evolutiounen an der Zäit am Zäitraffer wierklech genau ka beobachten, kritt een och all déi Informatiounen, déi ee brauch, fir kënnen un de Schrauwen ze dréien, wa Saache musse fir d'Zukunft aneschters agencéiert ginn.

Eeleftens, an ech mengen, dat war e wichtegen Deel och vun eisen Aarbechten an der Kommissioun, dee vun der Formatioun, dee vun der Weiderbildung: derfir ze suergen, dass dat, wat ech gesot hunn, déi Inadéquatioun ofhëlt, déi Tatsaach, dass mer vill ze vill Leit um Aarbechtsmaart hunn, déi iwwerhaapt keng Qualifikatioun hunn, deenen oft och déi sozial Qualifikatioun feelt, fir sech dobausse kënnen ze behaapten.

Dat geet schonn einfach domat un: Wéi ginn ech mech virstellen? Wéi schreiwen ech eng Demande? Wéi schreiwen ech e CV? Wéi behuelen ech mech an der Aart a Weis, wéi trieden ech einfach op? Ech mengen, fir all dat dote muss a villen Initiativen um Niveau vun der ADEM och gesuergt ginn, dass hi bis zu de Formatiounen och derfir gesuergt gëtt, dass de Betriber hei gehollef gëtt an dass virun allem deenen, déi Aarbecht sichen, gehollef gëtt.

Zwou nei Kommissioune kommen an de Punkten 12 an 13, déi ech wollt kommentéieren. Engersäits eng nei Commission consultative, déi et erlaabt fir all déi Leit, déi um Niveau vun der Formatioun a vun der Formation continue sollen hëllefen, un engem Dësch ze sëtzen: déi, déi responsabel sinn an der Éducation nationale fir de Beräich vun der Formation professionelle, natierlech déi am Ministère vun dem Travail, déi aus de CNFPCen, d'Delegéiert, den Délégué vun der Formation professionnelle genau wéi den Délégué vun dem Emploi, dem Emploi des jeunes, dass déi beieneen un engem Dësch sëtzen, fir kontinuéierlech kënnen un deenen Initiativen do ze schaffen.

Schlussendlech als dräizéngte Punkt d'Schafe vun enger Commission de suivi. Ech mengen, dat ass eng wichteg Neierung, déi dozou féiert erëm eng Kéier, dass d'Dieren an d'Fënstere grouss opgemaach ginn, fir dass vu baussen eran d'Sozialpartner d'Geleeënheet kréien, fir an där ADEM do kënne matzeschwätzen.

Engersäits d'Sozialpartner, an ech mengen dann d'Gewerkschaften, déi éischter de Souci da wäerten hunn, fir ze kucken: Wat muss een un d'Richtung vun deene Leit maachen, déi Aarbecht sichen? An natierlech och d'Federatioune vun dem Patronat, déi e Bléck ginn - deen, mengen ech, och eminent wichteg ass -, fir derfir ze suergen, dass hei och aktiv a proaktiv ka geschafft ginn, wann nei Entreprisë kommen, dass sur le tas Formatioune kënnen ugebuede ginn, dass schnell ka reagéiert ginn, fir derfir ze suergen, dass de Résidentë prioritär déi Aarbechtsplaze kënnen zougefouert ginn, ouni dass mer eis natierlech verschléissen deem Rôle, dee mer an der Groussregioun hunn als en dynameschen Aarbechtsmaart. An ech mengen, dat hu mer déi lescht Joren ëmmer och gemaach.

An där Commission de suivi sinn niewent de Sozialpartner awer och all déi Ministèren, déi eng Roll ze spillen hunn, natierlech dee vun dem Emploi, mä och dee vun der Éducation nationale, vun der Formation professionnelle, vun der Ekonomie, d'Responsabel vun der Pauvretéit, wat haut d'Famille dann ass, a mir hu jo och derfir gesuergt, och d'Économie solidaire, well mer mengen, dass dat e wichtege Bréckeschlag um Aarbechtsmaart ass, dass och dee Ministère an déi Responsabel an där Commission de suivi solle vertratt sinn.

M. le Président.- Här Lux, Dir misst awer lues awer sécher zum Schluss kommen.

M. Lucien Lux *(LSAP), rapporteur.*- Kuckt, Här President, wann ech elo géif higoen an ech géif déi Zäit vum Rapporteur huelen an ech géif déi addéiere mat där, déi d'LSAP huet, a mir géifen déi zesummerechnen, da kéint Der mech nach e bësse schwätze loossen.

M. le Président.- Jo, dat ass ganz richteg, Här Lux. Mir hunn awer e Reglement, wou ech muss derfir suergen, dass et respektéiert gëtt, an dat Reglement gesäit dat leider net vir. Da musse mer dat Reglement änneren. Ech mengen, ech si ganz large. Dir hutt elo scho sechs Minutten iwwerzunn. Ech ginn lech och nach ganz gär déi eng oder déi aner, mä da musst Der awer zum Schluss kommen.

M. Lucien Lux *(LSAP), rapporteur.*- Soss kommen ech herno nach eng Kéier zréck an da fueren ech da weider.

Une voix.- Voilà, voilà!

M. Lucien Lux *(LSAP), rapporteur.*- Bei den Avisë ginn ech net laang op d'Geschicht an, mä ech mengen, heibanne sinn der, déi an der Commission du Travail an der leschter Legislaturperiod scho länger an intensiv doriwwer diskutéiert hunn - d'Avisë vun der OECD, den Avis vum Médiateur, deen eng Rei vu Saache gesot huet an engem ganz gudden Avis, deen e gemaach huet, déi Avisë vun deem Cabinet de consultance, dee mer haten, „MindForest", elo zum Schluss an déi zu enger Rei vun Amendementen nach gefouert hunn. Ech gi weider net an op déi eenzel Avisen, ech mengen, dat kënnt Der a mengem schréftleche Rapport dann noliesen.

Ech wëll bei den Aarbechte vun der parlamentarescher Kommissioun, eiser Kommissioun, Här President, wann Der erlaabt, ee Punkt awer nach eraushuelen, deen, mengen ech, wesentlech war an eisen Aarbechten. Niewent deenen Diskussiounen, déi mer haten iwwert d'Formatioun, iwwert d'Zesummeschaffe vun deenen eenzelnen Acteuren, hu mer eis laang ënnerhalen iwwert d'Fro: Établissement public fir déi nei Agence oder net?

An der Regierungserklärung war nach virgesinn, en Établissement public ze schafen, an ech géif och menge kënnen hei ze soen - déi eenzel Riedner kënnen awer herno soen, dass se dat aneschters gemengt hunn, wann dat esou war -, dass och an der Kommissioun éischter ee Konsens gewiescht wär oder jiddefalls eng grouss Majoritéit gewiescht wär, fir an d'Richtung vun engem Établissement public ze goen.

De Minister huet eis duerno gesot, dass e bei dem Statut vun haut wéilt bleiwen. Engersäits, well en der Meenung war, dass d'Prioritéit haut wierklech de Souci wär, sech ëm den Aarbechtsmaart ze këmmeren an net onnëtz Zäit an Energien ze verléieren, ënner anerem och vläicht an engem Litige, deen et géif gi mat der national representativer Gewerkschaft vun der Fonction publique, mat Conciliatioun an esou weider. Mä zweetens, well en och der Meenung wär, dass den aktuelle Statut et géif erlaben, all dat, wat e sech virgeholl huet, ëmzesetzen.

Ech wëll am Numm vun der Kommissioun hei ofschléissend soen, dass mir de Minister suivéiert hunn op deem Wee, bei deem aktuelle Statut ze bleiwen, mä awer, mengen ech, d'Meenung ausgedréckt hunn, dass een an e puer Joer - ech wëll keng Zuel elo hei fixéieren - soll e Bilan maachen a kucken, war dat wierklech esou, huet dat wierklech an deem aktuelle Statut zu deem gefouert, wat mer wollten, fir dann op déi Fro vun dem Établissement public eventuell bei enger nächster Revisioun zréckzekommen. Mä à ce stade, mengen ech, wëlle mer emol kucken, ob dat gelengt, alles dat, wat ech elo opgezielt hunn.

An ech mengen, Här President, mat der Hoffnung, dass eng breet Majoritéit der ADEM haut eng nei Struktur an en neie Wee gëtt, an der Hoffnung, dass dorauser wierklech eng nei a proaktiv an dynamesch Aarbechtsmaartpolitik kënnt, géif ech alle Memberen aus der Kommissioun an och dem Minister Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi mer an deene leschte Joren zu där Reform hei gemaach hunn.

Merci.

M. le Président. Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech dem honorabelen Här Lucien Lux Merci soe fir säin ausféierleche Rapport zur Reform vun der ADEM, souwuel wat déi schréftlech wéi och elo déi mëndlech Presentatioun ubelaangt.

Ech ginn a menger Interventioun net op all Detail vun dësem nach virleiende Projet de loi an, mä wëll awer eng Rei vun Iwwerleeungen ustellen, déi sech éischtens mat der ADEM als Verwaltung, zweetens mat der Problematik vum Chômage selwer an drëttens dem Encadrement vun de Chômeure beschäftegen.

An der leschter Woch hu sech Kolleege vun anere politesche Parteie wéi och d'Gewerkschafte wéi och d'Patronat öffentlech zur Reform vun eisem Aarbechtsamt geäussert, an et wier gutt, wann hir Kritike vun der Regierung, an do méi speziell vum Aarbechtsminister, net op déi liicht Schëller géife geholl ginn. Och wann ech net all Iwwerleeung deelen, sinn eng Rei vun hire Remarquen dach pertinent an a mengen Aen och nach eng méi déif Reflexioun wäert.

Ech deelen allerdéngs net hir Konklusioun, dass een de Projet de loi zum jëtzegen Zäitpunkt sollt oflehnen, mä et ass wichteg, dass mer elo emol ukommen, an duerno huet een nach ëmmer Zäit, déi néideg Adaptatiounen ze maachen.

Zum éischte Punkt. Zënter Enn den 90er Jore klëmmt de Chômage zu Lëtzebuerg, an esou, wéi et ausgesäit, si mer leider nach net um Enn ukomm. Dëst ass virun allem fir déi, déi betraff sinn, eng schlëmm a sécher keng einfach Situatioun. E Mënsch, egal ob Fra oder Mann, dee seng Plaz verléiert, verléiert och e Stéck vu sengem wat eis däitsch Noperen „Selbstwertgefühl" nennen.

Nieft deenen, déi hir Plaz verléieren oder verluer hunn, hu mir och eng Rei Jonker, déi keng Aarbechtsplaz kréien, keng Aarbechtsplaz fannen, entweder well se kee Schoulofschloss hunn oder hir Formatioun ass net um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart gefrot. A wann ee Stat, sprëch eis Gesellschaft, et net fäerdegbréngt, dës Leit optimal an adequat ze encadréieren, da leeft eppes schif. Grad op dës Erausfuerderung misst a sollt dëse Projet de loi eng Äntwert ginn. Ob dës Reform dëst dann och wäert fäerdegbréngen, dat wäert sech weisen. Ech hoffen et op alle Fall!

Wat sécher kee Geheimnis ass, ass, dass d'ADEM hire Missiounen an de leschte Joren net méi gerecht konnt ginn. Eleng de Chômage ze verwalten entsprécht net deem, wat een haut vun engem modernen Aarbechtsamt erwaarden dierf. Mir brauchen dës Reform wéi den Amen am Gebiet, virun allem am Intérêt vun deenen, déi eng Plaz sichen, an och an eiser aller Intérêt, well mat engem weidere Klamme vum Chômage och d'sozial Kohäsioun hei am Land a Gefor ass.

Et ass keng einfach Saach, eng Administratioun wéi d'ADEM ze reforméieren, a wéi bei bal all gréisser Reforme wäerte bestëmmt Korrekturen néideg sinn. Mä wat sécher ass, ass, dass den A an den O vun dëser Reform, de Knackpunkt souzesoen, dee fir den Erfolleg oder den Échec vun der Reform steet, d'Gestioun an de Management vum neien Aarbechtsamt wäert sinn. Wann do sech näischt Fundamentales ännert, da läit eng eidel Schachtel um Dësch. Da kann dës Reform esou vill gutt Usätz hu wéi se wëllt, da wäert se net gräife wéi se sollt, an näischt wäert sech konkret ännere fir de Chômeur dobaussen.

Den Aarbechtsminister muss doweinst besonnesch grousse Wäert op d'Bestëmmung vun deem Comité de direction leeën an eng sécher Hand hunn, wann et drëms geet, déi richteg Leit ze nominéieren. Ech bleiwen optimistesch an ech hoffen, dass den Här Schmit do eng glécklech Hand wäert hunn.

Well vun deem, wéi d'Kompositioun vun där neier Direktioun, dem neien Team ass, hänkt all Succès vun dëser Reform of. Well et ass wichteg, dass, wann dat neit Gesetz kënnt, déi nei Bestëmmungen ëmgesat ginn, dat dann och als Équipe ka gemaach ginn. An dat ass just méiglech, wann eng staark Direktioun do ass. Well wann d'Direktioun net weess, wouhin den Zuch fiert, wéi sollen d'Mataarbechter vum Aarbechtsamt wëssen, wou et higeet? Wéi soll hei e Chômeur kënne gutt berode ginn, an net nëmmen informéiert?

De Management muss net nëmmen d'Richtung festleeën oder nei Impulser definéieren, mä e muss och der ganzer Verwaltung, de Mataarbechter d'Richtung erklären an déi nei Impulser vermëttelen. Eng Verwaltung, egal wat fir eng

Verwaltung, muss, wa se grondleeënd reforméiert gëtt, d'Mataarbechter an d'Reform abannen. Wat elo net heescht, dass, wat vläicht vun deene Mataarbechter kritiséiert gëtt, net soll kommen, mä dat heescht, dass ee mat de Mataarbechter schwätzt, dass ee mat hinne kuckt, wéi ee sech dat Ganzt virstellt.

Et muss een d'Mataarbechter op senger Säit hunn, et muss ee se iwwerzeegt kréien, net all eenzelnen an net op all Punkt am Detail, mä e moderne Management muss et fäerdegbréngen, seng Leit matzehuelen, seng Mataarbechter ze begleeden um Prozess vun der Weiderentwécklung vun dëser Verwaltung, dat heescht virun allem op intern Kommunikatioun an Transparenz setzen.

Et geet awer do net duer, eng intern Zeitung ze maachen, eng Charte des valeurs ze erschafen an opzehänken, grouss Informatiounsversammlungen ofzehalen, mä et muss mat de Mataarbechter, mat de Servicer geschwat ginn. Si sinn et, déi eenzel Servicer, déi dat Ganzt um Lafen halen, an et ass un hinnen, fir dat och um Terrain kënnen ëmzesetzen, wat mir hei amgaange sinn ze stëmme respektiv an enger hallwer Stonn wäerte stëmmen. Et ass un de Mataarbechter, de Kollaborateure vum Aarbechtsamt, déi dat herno am Alldagsliewe mussen ëmsetzen, a si musse matgeholl ginn a si musse vun deem iwwerzeegt sinn, wat mer hei am Gesetz festhalen, well soss ass et, wéi gesot, eng eidel Schachtel.

Fakt ass, d'Mataarbechter vun der ADEM, wann déi net vun der Reform iwwerzeegt sinn, wäert dee ganze Projet hei och keng Resultater bréngen. Dofir ass et esou wichteg, dass, wa mer hei de Réibau elo erstallt hunn, wann d'Gesetz gestëmmt ass, bei de Maueren, déi gebaut ginn, do och d'Mataarbechter vun der ADEM kënne kräfteg mat upaken.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, wat elo déi juristesch Natur vum neien Aarbechtsamt ugeet, do ass de Choix net op d'Form vun engem Établissement public gefall, obwuel dëse Choix an der leschter Legislaturperiod ugeduecht a vun der deemoleger Chamberskommissioun recommandéiert gi war, mä do ass de Regime vun enger Statsverwaltung zréckbehale ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier soen, firwat deemools d'Iddi opkomm war, fir en Établissement public ze maachen, wéi nämlech bei eisen däitschen Noperen.

Do ass e Comité de direction do, dee sech aus deenen dräi Parteien zesummesetzt, wou och d'Patronen an d'Sozialpartner, also d'Gewerkschafte mat an d'Verantwortung gezu ginn, an dat war d'Iddi, déi deemools hannendrustoung, fir esou e Begleetorgan, esou e Comité ze schafen, fir dass och do aktiv souwuel d'Patrone wéi och d'Gewerkschafte sech hätte kënnen abréngen. Dat war deemools d'Iddi, déi hannendrustoung, fir dass déi Ëmwandlung vum Aarbechtsamt sollt kommen.

D'Argument, dass d'Ëmwandlung d'Aarbechtsamt op Joren dozou verdaamt hätt, sech nëmme mat sech selwer ze beschäftegen, wa mer dat gemaach hätten, hält a mengen Aen d'Strooss net ganz. Mä dës Fro soll awer elo keng Prinzipiëfro ginn, vun där d'Ofstëmmung vum Text géif ofhänken. Ausserdeem huet d'Kommissioun an hirem Rapport jo zréckbehalen, gegebenenfalls op de Choix vun der Personnalité juridique zréckzekommen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo méi zum zweeten an drëtte Punkt, déi enk matenee verknäppt sinn, an zwar dem Chômage selwer an dem Encadrement vun deenen, déi no enger Aarbecht sichen.

D'Loi organique vun der ADEM kënnt aus dem Joer 1976 an huet jiddweree vun de Chômeuren, déi deemools hei am Land waren, namentlech kannt, well et waren der net vill, et waren der eng ronn 20. Mat där enger oder anerer Adaptatioun am Laf vun de Joren ass do näischt geschitt. D'Gesetzgebung ass net méi zäitgemäiss an dréit weder dem Wandel vun der Gesellschaft nach där vum Aarbechtsmaart Rechnung.

Esou huet sech d'Zesummesetzung vun de Salariëë geännert. Méi Frae si beruffstäteg, et schaffen ëmmer manner Leit an der Industrie, et kommen all Dag méi Frontalieren op Lëtzebuerg. Op där anerer Säit, och wann eisen Emploi geklommen ass, sou ass awer och eise Chômage geklommen. All dës Komponente bréngt mat sech, dass de Chômage hautdësdags net e Phenomeen ass, deen nëmmen ze géréieren ass, mä dass aktiv muss mam Chômage ëmgaange ginn.

Et modernt Aarbechtsamt muss den Demandeur d'emploi, ob en elo Chômage kritt oder net, encadréieren, beroden, formëieren. D'Zil ass a bleift d'In- an d'Reintegratioun op dem Aarbechtsmaart, an dat esou schnell wéi méiglech. Dass dëst net einfach ass, ass eng Tatsaach. All Persoun ass anescht, huet hir Vuen an hir Virstellungen. Et ass awer d'Aufgab vum Aarbechtsamt, derfir ze suergen, dass den Encadrement sech net nëmmen op d'Verwalten, mä op eng reell Begleedung vum Chômeur ka fokusséieren.

Dass mer hei am Land e strukturelle Chômageproblem hunn, ass bekannt. Mä wat maache mer dergéint? Gëtt et eng fiabel a valabel Bestandsopnahm vun den Demandeurs d'emploi, déi beim Aarbechtsamt ageschriwwe sinn? Wa jo, kann een déi kréien? Wann neen, firwat gëtt et déi net? Eleng d'Ausso, dass méi wéi 40% vun den Demandeurs d'emploi nëmmen eng Obligation scolaire hunn, geet mir als Ausso net duer!

Fir kënne besser en Demandeur d'emploi ze encadréieren an ze orientéieren, brauch een, menger Meenung no, op d'mannst den Detail, wat fir een Niveau scolaire, mat der geneeër Richtung vun deem Niveau scolaire, wou se hir Schoul gemaach hunn - well jo och ganz vill Leit do sinn, déi hir Schoul net zu Lëtzebuerg gemaach hunn -, wéi déi auslännesch Schoulbildung ze bewäerten ass a wat se op hirer leschter Schaff gemaach hunn a wat hir Sproochekompetenze sinn, well dat och eng ganz grouss Roll spillt um Marché de l'emploi.

Nëmme wann een dës Informatiounen huet, ass et och méiglech, individuell mat jiddwerengem ze kucken, welch Perspektiven um Aarbechtsmaart fir dës Persoun bestinn.

D'Zuelen, déi all Mount am Comité de conjoncture publizéiert ginn, sinn net detailléiert genuch, fir kënnen optimal ze handelen. Well wéi ass et soss erklärbar, dass d'Entreprisë Leit mat enger niddreger Qualifikatioun sichen an et der ënner anerem Zëgdausenden awer bei der ADEM gëtt, déi gemellt sinn, an déi passen iergendwéi net openeen. An do musse mer kucken, fir dat och kënnen ofzeschafen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et kann ee sech och emol d'Fro stellen: Wat geschitt mat enger Persoun, déi um Aarbechtsamt virstelleg gëtt? Gëtt déi Persoun esou begleet, dass se all déi Informatioune kritt, déi se brauch, fir erëm um Aarbechtsmarché Fouss ze faassen? Wat geschitt, wann Defiziter constatéiert ginn? Gëtt do zesumme mat hir an anere gekuckt, wat méiglech ass, a virun allem, wat realistesch ass? Well tëschent deem, wat méiglech ass a realistesch ass fir dee Betraffenen, dat sinn zwou verschidde Welten!

An dësem Kontext erlaabt mer, eng kuerz Klammer opzemaachen. Wat deen elo genannte Conseiller professionnel ubelaangt, geet et ganz sécher net duer, den Numm ze changéieren - ob et virdrun e Placeur war an elo ass et e Conseiller professionnel -, mä et muss een dat och mat Inhalt fëllen, well et wichteg ass, dass déi Leit och wëssen, wat fir eng Aufgab a Verantwortung se hunn. Well et ass wichteg, dass déi Leit motivéiert sinn! An och nëmmen e motivéierten, ob dat elo e Placeur ass oder ob dat an Zukunft e Conseiller ass, kann och aktiv hëllefen, déi Leit erëm op d'Aarbecht zréckzebréngen. Ech kann dofir och nëmme begréissen, dass de Recrutement vun de Mataarbechter sech net nom Prinzip vun de Statscarrièrë mécht, mä dass do versicht gëtt, nei Recrutementsweeër anzeschloen.

De Stat huet et bis ewell nach net fäerdegbruecht, Kompetenzen, déi ee sech net iwwer en Diplom, mä duerch Beruffserfahrung ugëeegent huet, adequat ze rémunéréieren. Dat ass schued, well et gëtt ganz vill Leit, déi déi Matière do beherrschen am Alldag, mä déi net vläicht deen Diplom hunn, deen an enger Statscarrière virgesinn ass, fir kënnen op déi Plaz ze kommen. An dat wier gutt, wa mer och do déi Méiglechkeet hätten. Och dat war eng Ursaach, firwat verschidde Leit ëmmer vum Établissement public geschwat hunn, fir dass mer déi Méiglechkeet hätten, och déi Leit esou anzestellen an esou ze rémunéréieren, dass se och interesséiert wieren, op dee Posten ze kommen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Dir Dammen an Dir Hären, en aneren Aspekt, deen och anescht misst ugepaakt ginn, ass dee vun der Formatioun vun de Mataarbechter a künftege Mataarbechter. Zwar gëtt am Gesetzestext vu Formatioun geschwat, mä ouni weider Detailer an ouni Prezisiounen. Firwat net op de Wee goen an eng méi professionell Formatioun vun de Mataarbechter gesetzlech festschreiwen, wéi dat bei verschiddenen Nopeschlänner de Fall ass, virun allem - wann ee vum Marché de l'emploi schwätzt -, wann ee bei enger ADEM oder engem Aarbechtsamt schafft.

Ech denken, dass hautdësdags eng Basisqualifikatioun, sprëch e Bac, eng Première net duergeet, fir ze wëssen, wat op esou enger Plaz verlaangt ass, mä dass een och muss déi aner Aspekter, déi et an der Ekonomie gëtt, déi an der Beruffswelt Realitéit sinn, dass een och déi muss wëssen, ier een op esou enger Plaz wéi op der ADEM kann zum Asaz kommen. Well et bréngt näischt, wann ee vun der Schoulbänk kënnt an direkt dohinner geet an et weess een net, wat d'Realitéiten um Aarbechtsmaart sinn, et weess een net, wat d'Betriber dorënner verschaffen. Dofir wier et och wichteg gewiescht, dass mer d'Méiglechkeet hunn, och déi Leit, déi dat kennen an déi dat beherrschen, kënnen eranzehuelen.

Iwwert d'Kenntnisser vun der Beruffswelt eraus ass et jo och wichteg, dass déi Leit wëssen, wat an der Beruffswelt lass ass, an dass se och wëssen, wat d'Schoulsystemer an deenen anere Länner sinn, well jo awer och ganz vill Leit, déi a Lëtzebuerg gemellt sinn, net hire Schoulwee hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn, mä an anere Länner - net nëmmen den Nopeschlänner, mä och Länner, déi wäit ewech sinn -, dass een och weess, wat do lass ass.

D'Iwwerleeung, déi ee muss hunn: Et muss ee jo och d'Betriber matagebonne kréien, et muss een et jo fäerdegbréngen, dass d'Employeuren eng Begeeschterung kréie fir d'ADEM, wat déi lescht Joren net ëmmer de Fall war. Well wann ee jo och weess, dass iwwer dräi Véirel vun deene Placementer, déi hei am Land gemaach ginn, laanscht d'ADEM lafen, dat heescht, dass déi net mat aktivem Bäidroe vun der ADEM gemaach ginn, mä dass déi iwwer aner Weeër, iwwer aner Firmaen, iwwert d'Zeitunge gemaach ginn, ass et wichteg, dass een et fäerdegbréngt, och elo d'Patronat an d'Betriber dofir ze begeeschteren, mam Aarbechtsamt zesummenzeschaffen, well nëmmen da bréngt mer et och fäerdeg, eisen Aarbechtsmaart esou ze gestalten, dass mer och erëm eng Chance hunn, fir d'Chômeuren do ënnerdaach ze bréngen.

En anere Problem vun eisem Aarbechtsmaart ass deen, dass déi Leit, déi zu Lëtzebuerg op der Sich no enger Aarbecht sinn, net qualifizéiert oder ënnerqualifizéiert sinn. Entweder hunn déi Leit net vill Schoule gemaach respektiv hu fréizäiteg mat der Schoul opgehalen, ier se iwwerhaapt en Diplom haten, oder dës Leit hunn zwar e Schoulofschloss, eng Qualifikatioun, déi awer op eisem Aarbechtsmaart net méi onbedéngt gefrot ass.

Well Lëtzebuerg ass jo a verschiddene Saache begrenzt mat deem, wat d'Offeren op verschidde Plazen ubelaangt, an zënter eisem Wiessel an der Wirtschaft - dass mer manner en Industrie- oder en Handwierkerland sinn, mä méi eng Déngschtleeschtungsgesellschaft - brauch eist Land einfach méi héich qualifizéiert oder héich spezialiséiert Salariéen, fir där ze fannen, wéi dass mer eppes hu fir déi Leit, déi keng Qualifikatioun hunn, déi awer ganz gutt manuell Aarbechter wieren. Mä wa keng manuell Aarbechtsplazen do sinn, da muss ee sech och bewosst sinn, dass et da méi schwéier gëtt, fir déi Leit ënnerdaach ze kréien.

Wann ee weess, dass 40% vun deenen ageschriwwene Chômeuren net iwwer eng Obligation scolaire kënnen ewechkommen, da muss ee sech och d'Fro stellen, ob et net méiglech ass, iwwer zousätzlech Formatiounsweeër - do sinn der jo bestëmmt och derbäi, wou net méi dran ass, mä et sinn der awer och vläicht derbäi, déi an der Zäit Flauterte waren, oder wéi soll ech et nennen, an einfach gesot hunn, ech halen op, wou awer elo nach Matière grise do ass -, fir deenen och nach eng Qualifikatioun ze ginn, dass mer dat och fäerdegbréngen, déi op deen Niveau de qualification ze bréngen, deen an eiser Ekonomie, an eiser Wirtschaft gebraucht gëtt.

Et ass wichteg, dass mer dat fäerdegbréngen, well op eise Grenzen, däers musse mer eis bewosst sinn, do waarden der nach Dausenden, déi gären op Lëtzebuerg kommen. Mä ech mengen, et muss eis awer och prioritär drëm goen, ouni de Gedanke vun der Grossregioun wëllen op d'Kopp ze geheien, dass mer awer och déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, dass mer déi op den Aarbechtsmaart kréien.

Dofir ass et och wichteg, dass mer eng Orientation tout au long de la vie maachen, en nationaalt Konzept, fir eng Kéier e Bildungshaus ze bauen, wou et wichteg ass, dass zesummegeschafft gëtt tëschent dem Aarbechtsamt, dem Aarbechtsministère, de Classes moyennes, der Ekonomie an der Formation professionnelle. Et ass och elo schonn zesummegeschafft ginn, mä dass een dat och vill méi kompakt mécht, well nëmmen da bréngt mer et och fäerdeg, fir all déi Problemer unzegoen. Well, wann d'Leit net déi richteg Formatioun hunn, fir op eisen Aarbechtsmaart ze kommen, dann hu se och Problemer, fir hei eng Aarbecht ze fannen. An dat muss vill méi enk gefouert ginn!

Well déi Stammdëschgespréicher mat der mathematescher Rechnung: Mir hu 16.000 Chômeuren an et kommen all Dag 150.000 Frontalieren an d'Land; wann der 16.000 manner kéimen, da wieren déi 16.000 net hei a Lëtzebuerg ageschriwwen, vollbeschäftegt. Dat sinn zwar mathematesch richteg Rechnungen, mä méi wéi d'Mathematik beim Comptoir ass awer guer näischt richteg dorunner!

(Interruption)

Ech sinn där Meenung, dass do déi Leit net déi Qualifikatioun hunn, a mir mussen, et ass eis Aufgab, Här Gibéryen...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...Dausenden, déi keng Qualifikatioun hunn...

M. Marc Spautz *(CSV)*.- ...awer net déi 16.000. 40% vun deene 16.000 hu keng Qualifikatioun. An deene Leit...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...kéinten awer 60% kréien.

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Dir kënnt Är Ausféierungen herno maachen. Dir hutt jo, wann ech richteg informéiert sinn, Är Riedezäit och nach virun lech, da kënnt Dir do Är Rechnunge maachen. Hei sinn déi Rechnungen, op déi ech mech elo baséieren, mat 40% vun de Leit, déi keng Qualifikatioun leider hunn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, jo, dat stëmmt.

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Et ass och wichteg, dass mer d'Aarbechtsamt och als Vermëttler ugesinn. Et si verschidde Leit, déi mengen, d'Aarbechtsamt wier do, fir de Leit eng Aarbecht ze ginn. D'Aarbechtsamt ka keng Aarbechtsplaze schafen! Dat ass net d'Aarbechtsamt, wat dat mécht, mä et ass d'Aarbechtsamt, wat se vermëttelt. Dofir ass et och wichteg, dass mer alles maachen, fir dass mer nach weider Aarbechtsplazen hei schafen; awer och Aarbechtsplaze schafen, wou mer och Netqualifizéierter kënne besser a méi ënnerdaach bréngen.

Wat de Projet, deen d'Regierung... D'Regierung wëllt jo elo vill méi een individuellen Encadrement vun den Demandeurs d'emploi maachen, an ech mengen, dass dat eng gutt Saach ass, an dat fënnt och meng voll Ënnerstëtzung. Ech hoffen och, dass mer schnellstméiglech Friichten dorauser wäerte kréien. Eis Ekonomie ass am permanente Wandel, an déi Leit, déi eng Plaz sichen, brauchen oft eng Zousazqualifikatioun respektiv souguer eng nei Qualifikatioun. Aus deem Grond ass et och extrem wichteg, dass déi verschidde staatlech Instanzen nach besser matenee schaffen.

Här President, de Projet de loi huet trotz där enger oder anerer kritescher Remarque, déi ech gemaach hunn, den Accord vun der CSV-Fraktioun. Summa summarum ass et en Text, dee vill gutt Usätz huet, an e verdéngt et, gedroen ze ginn. Mä mir wäerten d'Aen drop halen an et ass wichteg, wéi den Här Lux och gesot huet, dass mer no zwee oder dräi Joer eng Kéier eng Analys hei maachen an dann zesumme kucken, wat et bruecht huet, wat fir eng Problemer mer geléist kritt hunn a wat fir eng Problemer mer nach net geléist kritt hunn, an dann déi Adaptatiounen huelen, fir et dann nach méi richteg ze maachen, fir dass d'Aarbechtsamt an där heiteger Gesellschaft, déi mer hunn, dee gesellschaftleche Wandel ka matdroen. Well eleng mat der Ännerung vum Numm wäerte mer de Problem vum Aarbechtsamt a vun de Chômeuren net geléist kréien!

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Spautz. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif fir d'Ëischt emol dem Rapporteur Lucien Lux Merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech wollt dann awer och soen, dass den Här Lux mech mat senger Remarque mat de Fënsteren an Dieren, déi hie grouss opgemaach wëllt gesinn am Kader vun der ADEM, un de Johannes XXIII. erënnert huet, deen…

Plusieurs voix.- Ooohhh! Aaahhh!

M. André Bauler *(DP)*.- ...deen dat viru 60 Joer an der Kierch mat „Vatikan II" initiéiert hat. Deemools koum et zu engem Wandel an der Kierch. Ob et awer zu engem Wandel an der Aarbechtsmaartpolitik kënnt, dat muss d'Zukunft nach weisen.

Lëtzebuerg war laang Joren an der glécklecher Situatioun, en niddregen Taux de chômage ze hunn. Laang Jore war de Chômage also heizuland just d'Saach vun deenen, déi duerch hir ongenügend Qualifikatioun oder duerch aner Ursaache sech net an den Aarbechtsmaart integréiere gelooss hunn.

Et huet eigentlech geschéngt, wéi wa mer eis déi doten Aarbechtslosegkeet leeschte kéinten. Mir hunn eis dacks als Insel gesinn, déi vun der Massenaarbechtslosegkeet verschount bléif. De wirtschaftleche Wuesstum huet eis dann och erlaabt, de Phenomeen vun der Aarbechtslosegkeet sozial a finanziell ofzefiederen. Dat ass eis gelonge bis dee Moment, wou d'Wirtschaftsgebai vu Lëtzebuerg éischt Rëss gewisen huet, dat war esou géint d'Joer 2005. A wéi dunn 2008/2009 d'Finanzkris koum, dunn huet de Chômage och ëmmer méi a méi Leit mat gudder Ausbildung betraff.

Fir déi concernéiert Leit ass de Chômage eng Katastroph, en individuellen Drama: Vun engem Dag op deen anere verléiert dee Betraffene seng Planungssécherheet, och a grad op finanziellem Plang. Vun engem Dag op deen anere geet engem säi Selbstwäertgefill, dat een duerch seng Aarbecht kritt, verluer. Vun engem Dag op deen anere gëtt engem seng Plaz, säi Stand an der Gesellschaft, deen haut zu engem groussen Deel iwwert d'Aarbecht respektiv iwwert de Beruff definéiert gëtt, gëtt dee massiv ënnergruewen.

Wat fir Ausmoossen d'Katastroph vum Chômage an de leschte Joren zu Lëtzebuerg ugeholl huet, sollen e puer Zuelen ënnersträichen: Innerhalb vun zéng Joer ass d'Zuel vun de Leit op der Sich no enger Schaff ëm bal 10.000 geklommen, vu 4.832 am September 2001 op 14.634 am September 2011. Den Taux de chômage ass geklomme vun 2,5% 2001 op 5,9% 2011. Rechent een déi Leit derbäi, déi de Moment an enger Beschäftegungsmoossnam sinn, da klëmmt d'Zuel vun de Leit op der Sich no Aarbecht op 18.821 Persounen!

Knapp d'Halschent vun de Leit ouni Aarbecht hunn e Qualifikatiounsniveau, deen emol net der obligatorescher Schoulflicht entsprécht. 16% vun de Chômeure sinn ënner 26 Joer al, 41,7% vun deene Betraffene siche scho méi wéi zwielef Méint no enger Aarbecht. D'Dépensë vum Fonds pour l'Emploi hu sech an de leschten aacht Joer méi wéi verduebelt: vun 263 Milliounen am Joer 2003 op 547 Millioune fir 2011. Dat muss ee sech emol eng Kéier a Frangen op der Zong zergoe loossen, dat sinn ëmmerhin 22 Milliarden al Frangen.

All dës Problemer sinn zënter Jore bekannt, dogéint gouf awer nëmme wéineg ënnerholl. Et gouf effektiv keng zilstrebeg, koordinéiert, determinéiert, jo offensiv Politik fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. Et schéngt, wéi wann de politesche Wëlle bei der Regierung net do wier, fir dëse Problem wierklech unzegoen. 2004 huet d'LSAP nach plakatéiert: „70% méi Chômage, mir paken et un!" Wann een d'Zuele vun 2004, 8.242 am Juli 2004, mat deene vun haut, knapp 15.000, vergläicht, da kann ee just soen: Dir hätt besser gehat, d'Fanger ewechzeloossen.

Här President, de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart huet an de leschte Jore grouss Verännerunge matgemaach. Op där enger Säit hu mer e spektakuläert Uwuesse vu Grenzgänger an op där anerer eng rasant Entwécklung vum Dëngschtleeschtungssecteur, vum tertiäre Secteur. Dës zwee Facteuren, zesumme mat enger Demande no ëmmer méi Qualifikatiounen, hunn zu engem strukturelle Chômage am Land gefouert. Déi zwee Haaptproblemer a Saache Chômage spigele sech an där héijer Zuel vu Leit mat ganz gerénge Qualifikatiounen an an deem héijen Undeel vu Laangzäitaarbechtslosen erëm. Derbäi kënnt nach de Problem vum héije Jugendchômage, deen an de leschte Jore spierbar eropgaangen ass. Dës dräi Problemer sinn dann och d'Erausfuerderung, d'Haapterausfuerderung souzesoen un d'Aarbechtsmaartpolitik. Un dësen dräi Problemer muss sech eng erfollegräich Aarbechtsmaartpolitik moosse loossen.

Här President, mir als Demokratesch Partei hu grouss Zweifel, dass déi geplangte Reform vun der ADEM dës Problemer ka léisen, respektiv dass domadder de Problem vum Chômage generell ka wierksam bekämpft ginn. De Reformprojet vun der Regierung ass an eisen Ae beschtefalls e klenge Schrëtt an déi richteg Richtung. Sécherlech ginn e puer Punkte verbessert, wéi zum Beispill d'Verbesserung, d'Opstockung vun den informatesche Mëttel bei der ADEM.

Villes am Projet bleift awer vag respektiv besteet just aus Absichtserklärungen, wou net kloer ass, wéi dës konkret sollen ëmgesat ginn, respektiv ob se tatsächlech eppes zur Bekämpfung vum Chômage wäerte bäidroen. D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers kommen an hirem gemeinsamen Avis zur Konklusioun: «…la réforme de l'ADEM risque en définitive de rester une „réformette", sans réel effet de changement radical sur le marché de l'emploi.»

1996, also viru 15 Joer, huet d'Fiduciaire générale du Luxembourg en éischten Audit vun der ADEM gemaach. Déi wichtegst Konklusiounen aus dësem Audit si folgend: d'Qualitéit vun den Déngschtleeschtunge vun der ADEM entsprécht net den Erwaardungen; d'ADEM kennt d'Chômeuren net gutt genuch; d'ADEM kennt d'Besoinë vun den Entreprisen net gutt oder net wierklech; d'ADEM informéiert net gutt genuch; déi personell an informatesch Capacitéite vun der ADEM ginn net duer.

D'Konklusiounen aus dësem Audit ginn haut, also 15 Joer duerno, vun der Regierung als Begrënnung fir déi virleiend Reform ugefouert. 15 Joer, an deenen déi successiv CSV-Aarbechtsministere beschtefalls Gepléischters a Saache Bekämpfung vum Chômage respektiv Reform vun der ADEM bedriwwen hunn. 15 Joer, an deenen d'Problemer, d'Defiziter vun der ADEM bekannt waren a wou näischt Wesentleches ënnerholl ginn ass!

Här President, wéi dréngend eng Reform vun der ADEM ass, léisst sech net nëmmen un deenen héije Chômagezuelen ofliesen, mä och un der schlechter Performance vun der ADEM an der Vermëttlung. Dat gouf ganz offensichtlech, wéi mer de Rapport vun der Cour des Comptes virgeluecht kruten. Grad emol 7% - esou konnt een am Exposé des motifs vum Gesetz, vum Gesetzesprojet noliesen - vun de vermëttelten Aarbechtsplaze sinn op eng direkt Vermëttlung vun der ADEM zréckzefëieren: 7%!

Wann ee sech dëse Gesetzesprojet ukuckt, da freet ee sech: Ass dat hei dann elo eng fundamental Reform? Gëtt et mat dësem Text eng aktivéierend Politik, eng Politik, déi de Chômeur vum éischten Dag un a Bewegung setzt an hie begleet? Wouranner läit dann elo de Mehrwert, d'Plus-value vun dëser Reform? Wat wäert sech heimadder spierbar veränneren?

De virleiende Projet riskéiert eiser Meenung no, an der Schinn vum Gepléischters an dem Etiketteschwindel ze bleiwen. Wann een d'„Administration de l'emploi" - an de Kolleeg Marc Spautz huet och drop higewisen - an „Agence pour le développement de l'emploi" ëmbenennt a wann een nei, chic Termë wéi „conseiller professionnel" oder „consultant" benotzt, dann hëlleft dat haaptsächlech, d'Feele vun engem Gesamtkonzept ze iwwerdecken. Et weist, dass dëse Projet awer nëmme Gepléischters ass, an et ass ze fäerten, dass et nees net zu engem grondleeënde Wandel an der Chômagebekämpfung kënnt.

De Statsrot entlarvt dann och dësen Etiketteschwindel a sengem Avis, wann e schreift: «En matière d'illusions, la nouvelle appellation „Agence pour le développement de l'emploi" est significative. Aux yeux du Conseil d'État, c'est toujours l'économie qui crée et développe l'emploi.» Och de Lucien Lux huet virgëschter an engem Interview an der Dagespress gemengt - ech zitéieren de Lucien Lux: „Auch die neue ADEM wird keine Arbeitsplätze, keine Lehrlingsstellen schaffen." A wou de Lucien Lux recht huet, do huet e recht, an d'Demokratesch Partei gesäit dat genausou!

D'Kreatioun vu regionalen Agencë vun der ADEM an d'Eropsetze vun der Zuel vun de Placeure gëtt vun der Regierung gären als grouss Innovatioun duergestallt. Or, et ännert sech näischt, wann ech déiselwecht onwierksam Politik op méi Plazen am Land maachen. Et ass kengem Chômeur wierklech gehollef, wann e sech zu Déifferdeng oder zu Waasserbëlleg bei der ADEM kann aschreiwen, wann hannendru weider kee personaliséierte Suivi vu sengem Dossier stattfënnt.

Och menge mir, dass een dës Initiativen hätt missen an dee ganze Reformprojet abauen, amplaz Hals iwwer Kapp 35 weider Placeuren anzestellen, ouni e geneet an definitiivt Konzept mat engem geneeë Profilage vun de jeeweilegen Acteure virleien ze hunn. Et goufen Entscheedunge geholl, ouni dass e Konzept bestanen huet, wéi déi bestehend Struktur an Zukunft soll besser a virun allem wesentlech méi zilorientéiert genotzt ginn.

An dësem Kontext muss ech och drop hiweisen, dass vun 2012 un och d'Frontaliere kënnen op d'Servicer vun der ADEM zréckgräifen. Dat wäert - an et ass gesot ginn - eng Steigerung vum Aarbechtsvolume fir d'Placeure mat sech bréngen. Déi 35 zousätzlech Leit kéinte sech also séier als déi berühmten Drëps op de waarme Steen erweisen.

Här President, wéi wëllt een eng aner Aarbechtsmaartpolitik maachen, wann een emol net déi bestehend Mesuren op de Leescht hëlt an op hir Wierksamkeet analyséiert?

Mir hunn eng Hällewull vu Mesuren, wou kee Mënsch méi en Iwwerbléck driwwer huet. Dës Moossname goufen zu ënnerschiddlechen Zäitpunkten agefouert, wou punktuell ganz ënnerschiddlech Besoinë bestanen hunn. Si goufe verlängert, modifizéiert, oder - wat dacks de Fall war - einfach ausgebaut. Eng déif gräifend Analys vun de Mesurë steet awer weiderhin aus. Dës Analys ass an eisen Aen awer eng vun de wesentleche Viraussetzungen, fir eng wierklech Reform vun der ADEM respektiv vun der Aarbechtsmaartpolitik an Ugrëff ze huelen.

Eng éischt Analys vun de Mesurë läit vir. Am Summer vun dësem Joer huet d'Cour des Comptes an engem Spezialrapport verschidde Mesuren ënnert d'Lupp geholl. D'Konklusioune vun der Cour waren zum Deel vernichtend, quasi eng Bankrotterklärung fir d'Aarbechtsmaartpolitik aus deene leschte Joren.

Ech wëll hei nëmmen e puer vun deene wichtegste Punkten aus deem Rapport opzielen, dem Rapport vun der Cour des Comptes:

- Convention d'activation individualisée - CAI: «La Cour constate que l'objectif de la loi, qui est de proposer à chaque demandeur d'emploi une CAI dans un délai déterminé, n'a pas été atteint.»

Op d'Fro vun der Cour des Comptes, ob d'CAI zu enger méi fréier Aktivéierung vun den Demandeurs d'emploi gefouert hätt, huet d'ADEM geäntwert, dass si net à même wier, dëst ze evaluéieren.

- Zum Contrat d'appui-emploi - CAE: Och hei konnt d'ADEM keng Äntwert drop ginn, ob den Objectif, d'Zilsetzung vun dëser Mossnam, nämlech d'Employabilitéit vun deene Jonken ze verbesseren, konnt erreecht ginn.

- Aide au réemploi: «…la Cour constate qu'au fil des années, la mesure a conduit à certaines dérives…». Sou huet d'Cour des Comptes festgestallt, dass a munche Fäll d'Aide au réemploi méi héich ass oder méi héich war wéi de Salaire, dee vum Patron ausbezuelt ginn ass.

D'Cour des Comptes kënnt an hirem Spezialrapport dann och zur Konklusioun: «En effet, selon la Cour, il s'avère important de pouvoir évaluer une mesure au bout d'un certain temps afin d'apporter des corrections nécessaires ou de l'abandonner tout simplement, si elle n'a pas apporté les résultats escomptés.» D'Cour des Comptes fuerdert dann och, dass d'ADEM sech en Evaluatiounssystem vun deene verschiddene Mesurë gëtt. Dovunner geet am Projet vun der Regierung iwwregens guer net Rieds.

Och sinn dës Mesuren dacks net wierklech bekannt, weder de Patron nach den Demandeur d'emploi kennt se. Dofir fuerdere beispillsweis déi zwou Chamberen, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce, an hirem gemeinsamen Avis, dass dës Instrumenter méi bekannt gemaach musse ginn. Och dovunner keng Spur am Gesetzesprojet, dee mer haut hei solle stëmmen.

Här President, mat deem virleiende Projet soll d'ADEM och eng sougenannten „Commission de suivi" kréien.

Mir stellen eis wierklech och hei d'Fro, wat dann elo d'Plus-value vun dëser Kommissioun ass oder wouranner d'Plus-value soll bestoen. Riskéiere mer heimadder net, en administrative Waasserkapp ze schafen? Hätt een net einfach d'Missioun vum Comité permanent de l'emploi kéinten adaptéiere respektiv verstäerken? Huet de Minister kee Vertrauen an déi zukünfteg nei Direktioun vun der ADEM, dass en dëse Leit vun Ufank un eng Art Kontrollgremium virun d'Nues setzt?

Mir hätten eis och gewënscht, dass a Saache Profiling vun deenen eenzelnen Demandeurs d'emploi méi Effortë géife gemaach ginn, sou wéi dat beispillsweis an Däitschland gemaach ginn ass, wou tëscht „Informationskunden", „Beratungskunden" an „Betreuungskunden" ënnerscheet gëtt.

Net all Chômeur huet déiselwecht Froen oder Bedürfnisser. Während deen een nëmmen eng Informatioun brauch, muss deen anere vläicht méi intensiv betreit ginn. Eng méi pointéiert Approche client feelt an eisen Aen am virleiende Projet. Villes am Reformprojet vun der Regierung bleift also „Stückwerk", wéi déi Däitsch dat géifen nennen, oder op d'Struktur fixéiert.

Fazit: Grondleeënd wäert sech mat dëser Minireform, déi de Changement vun der Struktur virun dee vun der Kultur stellt, näischt un der Aarbechtsmaartpolitik änneren!

Här President, d'Demokratesch Partei steet fir eng aner Aarbechtsmaartpolitik! Eng Aarbechtsmaartpolitik, déi als Zil huet, deen eenzelnen Demandeur d'emploi individuell ze betreien an ze guidéieren. Eng Aarbechtsmaartpolitik, déi vill méi effizient an der Vermëttlung ass, wéi dat bis ewell de Fall war, an esou dem Demandeur d'emploi eng reell Perspektiv op eng nei Aarbecht gëtt. Eng Aarbechtsmaartpolitik ouni Blankoscheck fir d'Beschäftegungsmesuren, deenen hire Sënn an Zweck, nämlech d'Leit nees fit fir den éischten Aarbechtsmaart ze maachen, etlech Kéieren a Fro gestallt gouf.

Dofir wëlle mir - éischtens - eng Reform vun der Kultur an der Aarbechtsmaartvermëttlung, an net nëmmen eng Reform vun der Struktur. Dëse kulturelle Changement ass vum Minister dacks ugekënnegt, jo, beschwuer ginn, an op dësem Punkt muss een dem Minister recht ginn. Et freet ee sech awer, firwat dëse vill beschwuerene Changement an der Aarbechtskultur vun der ADEM net scho vun de Virgänger vum Här Minister a Bewegung gesat ginn ass.

D'Auditen hunn dat scho viru Jore kloer gefuerdert, an et hätt sech sécher un der Betribskultur munches kënnen etappeweis veränneren, ier een d'ADEM u sech, per se an en neie legislative Kontext oder Kader gesat hätt.

Och an deene leschte Méint huet sech un dëser Kultur näischt Substanzielles verännert. Grad well dëst net geschitt ass, bleiwe berechtegt Zweifel bestoen, dass sech hei wierklech eppes verännert. Dobäi steet och am Rapport vun der Kommissioun, ech zitéieren: «…la mise en œuvre du projet de réforme exige un véritable changement de culture au sein de cette administration appelée à muter d'un instrument de gestion de chômage vers un instrument proactif de l'emploi.»

Mir erkennen dann och net, wéi et mat dësem Text zu dësem Kulturwandel komme soll. An och d'Majoritéit, zumindest d'LSAP-Fraktioun, schéngt dat mëttlerweil och esou ze gesinn. Well d'lescht Woch während de Budgetsdebatten huet de Lucien Lux gemengt - an en ass elo just erakomm zu deem treffende Moment -, et wier net opportun, dësen Débat zu enger Generalofrechnung mat der Regierung hirer Aarbechtsmaartpolitik ze maachen. Hei géif et just ëm eng Strukturverännerung goen.

Dës Ausso war entlarvend. Si bestätegt meng Fraktioun an hirer Kritik. Hei geet et just ëm d'Struktur, an net ëm e wierklecht Ëmdenken an der Aarbechtsmaartpolitik!

Zweetens, mir als DP wëlle keen Etiketteschwindel, deen aus der „Administration de l'emploi" eng „Agence pour le développement de l'emploi" an aus dem „Placeur" een „Conseiller professionnel" mécht, ouni dass sech hei wierklech eppes ännert. Mir wëllen e wierklechen Ëmbau vun der ADEM an eng modern an effikass, zouverlässeg Weiderbildungs- a Vermëttlungsagence.

Drëttens, mir wëllen der ADEM méi Autonomie a Personal- a Finanzfroe ginn. Dat ass awer ënnert dem Statut vun enger Verwaltung, enger Administratioun net méiglech. D'Regierung wollt dat iwwregens och. An de Rapportë vun der zoustänneger Chamberskommissioun aus der leschter Legislaturperiod kann een nämlech Folgendes noliesen: «Le Ministère du Travail et de l'Emploi n'a pas manqué de réfléchir sur une solution alternative, tout en restant prioritairement attaché au modèle de l'établissement public.» An och am Regierungsprogramm, am Koalitiounsprogramm vun 2009 kann een dës Absicht noliesen: «Il sera créé un établissement public sous la dénomination „Agence luxembourgeoise pour l'Emploi" (ALE).»

Mir fannen et bedauerlech, dass d'Regierung hiert initiaalt Zil einfach iwwer Bord geworf huet. Si schéngt Angscht virun hirem eegene Courage kritt ze hunn, aneschters léisst sech hire Sënneswandel an dëser Fro kaum erklären: «Après mûres réflexions,…» - „réflexions" au pluriel - «…son département…» - MTE - «…est arrivé à la conclusion que dans le contexte actuel la transformation en établissement public n'apporterait pas de plus-value dans la politique de l'emploi.»

All eventuell Schwieregkeeten, déi sech bei der Ëmwandlung vun der ADEM an en Établissement public hätte kënne stellen, wéi zum Beispill dat fehlend Kadergesetz fir esou Etablissementer, dispenséieren an eisen Aen op kee Fall déi politesch Responsabel vun hirer Verantwortung a vun hirer Verflichtung, ze handelen. Dofir ass d'Situatioun um Aarbechtsmaart vill ze vill eescht. Bei Dausende vu Chômeuren däerfe mer eis keen esou en Hin an Hier oder Gezécks erlaben.

Véiertens, mir als Demokratesch Partei wëllen eng reell, individualiséiert Betreiung vun deem eenzelnen Demandeur d'emploi an net en einfacht Eropsetze vun der Zuel vun de Placeuren. Etüden a Beispiller aus dem Ausland weisen, dass fir eng optimal Betreiung e Verhältnis vun 1 zu 100 vu Placeur par rapport zu Chômeur néideg ass. Dir wësst dat alleguer: Zu Lëtzebuerg leie mer bei knapp 400 Leit pro Placeur. Ënnert dësen Ëmstänn ass eng effektiv Vermëttlung weiderhin net méiglech. Och wann d'Leit aus dem Service generell eng exzellent Aarbecht leeschten, kënne si de Problem mat hirem aktuelle Personalstand net an de Grëff kréien. Si goufe während ville Jore vun der Politik am Stach gelooss.

Fënneftens, mir wëllen dofir, dass d'Zuel vun de Placeure weider eropgesat gëtt. Parallell dozou wëlle mir, dass déi rekrutéiert Leit entsprie-

chend forméiert ginn. «Les relations avec les employeurs constituent le point faible de l'Administration de l'emploi.», steet am Exposé des motifs vun dësem Gesetzesprojet. Dofir si mer iwwerzeegt, dass et wichteg ass, d'Roll vum Placeur ze stäerken. Mir wëllen, dass hie méi enk mat de Betriber zesummeschafft, dass hien an d'Betriber kucke geet, fir sech direkt a sur place mam Patron e Profil fir eng eventuell oppe Plaz unzekucken an och auszeschaffen.

Sechstens, et fält op, dass d'ADEM weider eng quasi Monopolstellung an deem Ganze behält. Dobäi wier et eiser Meenung, der Meenung vun der Demokratescher Fraktioun no, immens wichteg gewiescht, dass och privat Acteuren hëllefen, fir Leit nees a Brout an Aarbecht ze bréngen. Mir wëllen déi privat Initiativ an der Aarbechtsvermëttlung stäerken an net nëmme Consultanten aus der Privatwirtschaft, déi mat der ADEM zesummeschaffen. Beispiller aus dem Ausland weisen, dass déi privat Initiativ zu positive Resultater ka féieren.

Och d'OECD gesäit dat genausou a schreift schonn 2007 an hirem Rapport iwwert d'ADEM: «En ce qui concerne l'utilisation de prestataires privés payés selon les résultats en termes de retour à l'emploi, le modèle des Employment Zones britanniques, où les chômeurs de longue durée sont affectés pendant six mois soit à un seul prestataire privé, soit à trois prestataires mis en concurrence, est un modèle dont pourrait s'inspirer le Luxembourg, car il semble adapté à sa situation.»

Och an anere Länner, wéi beispillsweis an Australien, goufe gutt Resultater mat privaten Aarbechtsvermëttler erreecht. Hei gouf e Bewäertungssystem agefouert fir dës Vermëttler. Sou konnten déi ineffizient Vermëttler detektéiert ginn, a schwéier vermëttelbar Chômeure goufen nach just deene performante Vermëttler uvertraut. An Däitschland gouf eng Prime agefouert fir privat Aarbechtsvermëttler, wa se en Demandeur d'emploi op eng Plaz vermëttelt hunn.

Et gesäit een also, dass hei duerchaus Chancen a Potenzialer an der Aarbechtsvermëttlung bestinn. Et ass bedauerlech, dass d'Regierung opgrond vun engem fehlende Gesamtkonzept dës Potenzialer einfach broochleie léisst.

Siwentens, mir wëllen eng aktivéierend Aarbechtsmaartpolitik, déi nieft enger gudder Ofsécherung vum Chômeur méi Effortë vun deem Eenzelne verlaangt, amplaz vun engem laange Strofekatalog, deen net konsequent applizéiert gëtt. Dat huet och d'OECD an hirem Rapport vun 2007 esou gesinn. Den Ausbau vun enger Strategie a Richtung Activatioun vun den Demandeurs d'emploi wier, esou d'OECD, essenziell.

Och d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce gesinn dat esou. Si fuerderen an hirem Avis «…une activation aussi précoce que possible des demandeurs d'emploi avec comme corollaire une responsabilisation de ces derniers.»

D'Aschreiwe bei der ADEM muss fir all Chômeur eng reell Chance sinn. Zil muss et sinn, dass jiddwereen, dee sech aschreift, besser ausgebilt ass, wann en eng nei Plaz untrëtt. Dofir wëlle mer, dofir wëlle mir als DP eng verflichtend Formatioun fir all Demandeur d'emploi, amplaz vu just engem Verspriechen op eng Formatioun. Deen eenzelnen Demandeur d'emploi muss op déi ugebueden Hëllef a Solidaritéit awer parallell och mat Eegeverantwortung äntwerten.

Dofir ass et an eisen Aen onerlässlech, dass all Chômeur e wierklecht Interesse un enger neier Aarbechtsplaz opweist. Am Fall, wou en Demandeur d'emploi eng zoumuttbar Aarbecht refuséiert, einfach refuséiert, oder senge Verflichtunge vis-à-vis vun der ADEM net nokënnt, mussen direkt Sanktiounen, och finanzieller Natur, wann et net anescht geet, wéi beispillsweis en Erofsetzen oder en Aussetze vun der Chômageindemnitéit, erfalen.

Aachtens, d'DP ass net géint de Prinzip vun de Beschäftegungsinitiativen. Mir sinn awer der Meenung, dass dës Initiativen an hirer aktueller Form hirem eigentlechen Zil net gerecht ginn. An eisen Ae muss d'Haaptzil - d'Haaptzil! - doranner bestoen, fir Leit während enger bestëmmter Zäit ze betreien a via Formatioun an Accompagnement ze probéieren, se nees an den éischten Aarbechtsmaart anzeglidderen, wëssend, dass et Leit gëtt, déi nëmme ganz schwiereg oder guer net op den éischten Aarbechtsmaart ze vermëttele sinn.

Aktuell muss een awer feststellen, dass d'Beschäftegungsinitiativen hiert Zil nëmmen zu engem Deel erreechen. Dobäi hëlt d'Employabilitéit vun de Leit of, wat si méi laang an enger Moossnam dra sinn. Dëst gëtt och ganz kloer vun der CEPS-Etüd bestätegt. Dofir fuerdere mer eng grondleeënd Reform vun de Beschäftegungsmoossnamen. An deem Kontext si mer dovunner iwwerzeegt, dass et an Zukunft d'öffentlech Hand misst sinn, déi dës Initiative géréiert a kontrolléiert.

Néngtens, mir wëllen eng konsequent Orientéierungspolitik - a méi Virriedner ass och schonn dorop agaangen -, eng Orientéierungspolitik, déi an eise Lycéeën zu engem feste Bestanddeel vum Unterrecht muss ginn, a keng Flickschusterei, wann d'Kar bis am Dreck läit, also, wann déi Jonk ouni Aarbecht an ouni Perspektiv dostinn.

An deem Kontext muss een och d'Fro stellen, ob dës Reform mat dem Schoulministère ofgeschwat war oder net. Mir mengen, dass dat net de Fall war, wat alt nees weist, dass kee Gesamtkonzept an der Chômagepolitik virläit.

Här President, d'Reform vun der ADEM fënnt net am lofteidele Raum statt. Net méi spéit wéi haut de Mëtteg um 12 Auer leeft en Ultimatum vun de Gewerkschaften of, fir net un der nächster Tripartite deelzehuelen. Alt nees eng Kéier drängt sech engem den Androck op, dass dës Tripartite vun der Regierung net gutt preparéiert gouf. Mir kënnen, jo mir däerfen eis awer net e weidert Scheitere vun der Tripartite erlaben. Lëtzebuerg stécht matzen an enger grousser wirtschaftlecher Kris, an an esou enger Situatioun ass der Regierung hir passiv Haltung an der Vermëttlung tëschent de Sozialpartner méi wéi fahrlässeg.

Gëschter huet de Statsminister hei an der Chamber ugekënnegt, dass hie sech eng Flexibiliséierung bei CDDe fir héich qualifizéiert Leit ka virstellen. An deem Kontext wollt ech den Här Minister froen, ob hien eis dozou méi Detailer herno kéint ginn. Ass dat d'Positioun vun der Regierung? Gëschter hat een den Androck, wéi wann Dir, Här Schmit, op deem do Punkt net mam Här Juncker averstane wiert.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Mir haten et proposéiert. Dach, dach!

(Interruptions)

M. André Bauler *(DP).*- Dann ass dat elo gekläert.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- No der Tripartite.

M. André Bauler *(DP).*- Här President, dëse Projet ass keng grondsätzlech Reform, mä beschtefalls den Usaz vun enger Reform. Et feelt e Gesamtkonzept, wann et ëm d'Bekämpfung an ëm d'Vermeide vun der Aarbechtslosegkeet geet. Mat dësem Gesetzestext gëtt den Akzent virun allem op Strukturelles gesat. Et geet awer net ëm e wierkleche Changement, ëm e Paradigmewiessel an der Aarbechtsmaartpolitik.

Fir dass et awer zu engem regelrechte Paradigmewiessel kéim, bräichte mer e resolut Ëmdenken, also eng nei Kultur an der Vermëttlung vun de Chômeuren. Mir brauchen eng nei Kultur an der Orientéierung vun deene Jonken. A mir brauchen eng Wirtschaftspolitik, déi Aarbechtsplaze fir ënnerschiddlech Kategorië vun Demandeurs d'emploi schaaft. Aarbechtsmaartpolitik, Wirtschafts- a Sozialpolitik mussen enk matenee verknäppt sinn, soss reduzéiere mer dee strukturell bedéngte Chômage net.

D'Erausfuerderung vun der Aarbechtsmaartpolitik besteet an eisen Aen doranner, sech nees op d'Schafe vun Aarbechtsplazen ze fokusséieren. Mir mussen et fäerdegbréngen, dass mer, wéi an de leschte Joren, och weiderhin nei Plaze schafen, a gläichzäiteg musse mer derfir suergen, dass méi vun dëse Plaze vun Demandeurs d'emploi, an net vu bausse besat ginn.

Dat geet awer nëmme mat enger anerer Politik. Dat geet nëmme mat méi Formatioun a méi Weiderbildung. Dat geet nëmme mat reforméierte Chômagemesuren.

D'Demokratesch Partei kann dofir dës hallefhäerzeg Reform, mat där deene ville Leit am Chômage net wierklech gehollef ass, net ënnerstëtzen. An dofir wäerte mir géint dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bauler. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol dem Rapporteur, dem Här Lucien Lux, Merci fir säi schréftleche Rapport, deen ech ganz lehrreich a ganz komplett fonnt hunn an der laanger Geschicht vum Arbeitsamt, an och fir säin e bëssen aneschters formuléierte mëndleche Rapport, deen éischter visionär war, mä deem ech awer och kann a senge Visiounen, wéi en eng Reform vun engem Arbeitsamt beschreift, eigentlech nëmmen zoustëmmen.

Ech hunn awer och festgestallt, datt dee mëndlechen a mënschleche Rapport vum Här Lux haut de Moien oft net erëmzefannen ass an deenen eenzelnen Artikele vun dësem Projet de loi. Ech erklären dat elo a mengem Exposé. Egal wéi war et awer ganz interessant, deem nozelauschteren. Dofir Merci!

Mir sinn ons eens heibannen - ech denken, meng Virriedner hunn dat och schonn ënnerstrach -, datt d'Arbeitsamt muss reforméiert ginn. Et huet och scho jiddweree gesot, datt et keng nei Erkenntnis ass. Et muss reforméiert ginn, well mer eng Urgence hunn, an zwar op verschiddenen Niveauen.

An ech géif emol e bëssen anescht ufänken: éischtens fir déi Leit, déi am Arbeitsamt schaffen an deenen et bal onméiglech ginn ass, hire Missiounen nozegoen ënnert deene Konditiounen, déi se de Moment virleien hunn. Zweetens awer och fir d'Patronen, déi eigentlech guer net méi connectéiert sinn un engem Arbeitsamt, wann et drëms geet, Aarbechtsplazen ze vermëttelen an déi Aarbechtsplazen, déi si nun eemol hunn, och un déi richteg Persoun ze bréngen. An drëttens natierlech fir déi Leit, déi keng Aarbecht hunn, fir d'Demandeurs d'emploi oder déi Leit, déi mussen ëmgeschoult ginn, sief et no engem Sozialplang oder aus enger anerer Ursaach.

D'Demandeurs d'emploi, dat si vill Leit, mëttlerweil ganz vill verschidde Leit hei an dësem Land. Dat si jonk Leit. Dat si Leit, déi eng Léier sichen. Dat sinn eeler Leit, dat si schwiereg placéierbar Leit. Dat sinn och Chômeurs de longue durée.

Wéi gesot, d'Arbeitsamt huet 36 Joer. Et ass, an dat ass och scho beschriwwe ginn, et huet sech minimal verännert. Et huet sech sécherlech hei oder do adaptéiert par la force, vraiment par la force des choses, mä et huet sech minimal verännert. Ech denken, datt eng Verwaltung eigentlech dat u sech huet an éischter reformresistent wéi reformfrëndlech ass, ouni elo dat wëllen als Kritik duerzestellen, mä et ass eng Tatsaach.

D'Gesellschaft, d'Beschäftegungsproblematik, d'Wirtschaftsrealitéit um Terrain, d'Verhältnis tëschent deene méi aarmen an deene méi räiche Leit huet sech geännert. An 30 Joer ass esou munches geschitt, och hei an dësem Land. An an deene leschten 30 Joer ass och esou munches verpasst ginn: verpasst ginn, matzäiten ze reagéieren, fir kënnen an Zukunft ze agéieren.

An ech erënnere mech ëmmer erëm un dee fréieren Aarbechtsminister, Äre Virgänger, Här Schmit, dee wéi oft hei op der Tribün vun der Regierung huet misse sech bekloen, datt en eigentlech éischter Pompjee géif spillen, wéi richteg Aarbechtsminister géif spillen.

An et ass net, wéi wa keng Virwarnung oder Warnsignaler komm wieren an deene leschte Joren!

Huele mer emol nëmmen d'Biographie vum Arbeitsamt a fänke mer an där Biographie vum Arbeitsamt einfach emol beim Historique un, deen de Rapporteur a sengem schréftleche Rapport geschriwwen huet, wat ech jo och esou interessant fannen.

Loosse mer emol ufänke beim Rapport vum Médiateur 2007/2008 a säitdeem praktesch all Joers an de Rapportë vum Médiateur, dee munches geschriwwen huet iwwert d'Effikassitéit, d'Effizienz vum Arbeitsamt als solcht, als Verwaltung, a wat eigentlech de Schued vum Demandeur d'emploi ass.

Huele mer de Rapport Grubb vun der OCDE, deen net onëmstridden ass, mä deen d'Mängel vum Arbeitsamt, fir effikass ze fonctionnéieren, beschreift, notamment och, an do ware mer ons all eens - mir waren ons bäi Wäitem net ëmmer eens bei deem OCDE-Programm, mä do ware mer ons awer wierklech alleguerte mam Här Grubb eens -, bei der Zuel vun den Dossiere pro Placeur, déi wierklech jenseits von Gut und Böse war.

Huele mer emol déi ganz Aarbecht, déi dëse President vun der Kommissioun fairerweis och a sengem schréftleche Rapport beschriwwen huet, déi wierklech grëndlech Aarbecht, géif ech soen, déi déi viregt Commission du Travail et de l'Emploi gemaach huet. Si huet sech oft a vill mat der Problematik Aarbecht, Beschäftegung, Chômage, Arbeitsamt, seng Struktur, seng Gérance, seng Gestioun an esou weider beschäftegt, mat de verschiddenaartegste Rapportë vum Médiateur duerch d'Joren 2007/2008/2009 an och duerch verschidde Visiten an Explikatiounen, déi mer vum Arbeitsamt kritt hunn.

Dofir ware mer ons och an där viregter Kommissioun Travail et Emploi eens - wann ech soen, ware mer ons eens, dat ass, well ech och déi gréng Fraktioun hunn dierfen do vertrieden -, datt dat Thema sollt sinn. Mir wollte souguer en Débat d'orientation hei an der Chamber maachen, net nëmmen iwwert d'Arbeitsamt, mä iwwert d'Beschäftegungspolitik, an zwar virun de Wahlen, well mer eigentlech wollten, datt dat och en Thema an deenen Nationalwahlen 2009 sollt sinn.

Bon, esou wäit ass et dunn awer net komm. Ech weess selwer als Oppositiounspolitikerin eigentlech net, firwat, wat de Grond dovunner war, mä et wäert sécherlech op d'mannst ee gi sinn. N'empêche, war och effektiv während der Wahlcampagne d'Beschäftegung en Thema bei alle Parteien, et stoung och iwwerall eppes an de Programmer.

Et stoung och iwwerall, an alle Programmer, mengen ech, vun alle Parteien, ausser vläicht déi Lénk, datt d'Arbeitsamt misst de fond en comble reforméiert ginn an datt et misst en Établissement public ginn. An et war och erkläert ginn, firwat. Ech ginn elo net drop an. Ech mengen, jiddweree kennt säi Programm.

An et war, et ass scho gesot ginn, mä et ass esou wichteg, dofir widderhuelen ech et, an der Regierungserklärung, déi iwwregens, an dat steet och dran, dat huet nach kee gesot, déi Regierungserklärung berout - oder wéi soll ech dat soen? -, baséiert sech och op de Rapport Grubb vun der OCDE a seet, mir brauchen a mir wäerten en Établissement public kreéieren. Si hate sech och scho Gedanken iwwer en Numm gemaach: „Agence luxembourgeoise pour l'Emploi". Déi misst wierklech de fond en comble reforméiert ginn.

Et war och eppes gesot ginn iwwer: Wat maache mer mat deene Leit, déi elo schonn do schaffen? Wat maache mer mat deene Leit, déi mer nei wëllen, ënner engem neie Statut dann och par la force des choses, astellen? Wat maache mer domadder? Dat steet alles dran. Et ass och Rieds gaange vun engem Conseil d'administration a vun engem Comité directeur.

An ech muss soen, datt de Rapporteur sech virdrun de Porte-parole gemaach huet vum Aarbechtsminister, wat jo och legitim ass, datt an e puer Joer vläicht elo misst e Bilan gemaach ginn iwwert dat, wat mer haut proposéiert kréien. An e puer Joer, vläicht. Et steet och am Rapport dran: Mir schléissen net aus, datt eng Kéier aus deem Arbeitsamt oder aus där Agence de développement en Établissement public sollt ginn.

Mir fannen dat als Gréng eigentlech e Wuertlaut, deen net dierft an enger Politik sinn, a scho guer net bei enger Propositioun vun enger Regierung. Dat ass ons ze vag: iergendwann e Bilan, vläicht an e puer Joer, wann de Moment méi propice ass. Wat kéint méi propice si wéi haut?

Ech zitéieren aus dem Rapport vum Rapporteur, Här Minister.

(Interruption)

Jo, ech kommen och nach dorop zréck, datt effektiv am Exposé des motifs eppes anescht drasteet. Richteg.

Bon, entre-temps hu mer en neien Aarbechtsminister, eng deels nei Besetzung vun der Verwaltung vum Ministère du Travail. An deen neie Minister, deen ech awer och op deem Punkt zum Deel wëll a Schutz huelen, deen ass, grad wéi säi Virgänger, d'selwecht gefuerdert. Et ass eigentlech näischt Neits. An do, wou e gefuerdert ass, dat ass ganz einfach d'Reform vum Arbeitsamt! Dat ass d'Thema! Dat war virdru schonn d'Thema. Dat ass elo nach ëmmer d'Thema. An deen neien Aarbechtsminister, dee konnt soss näischt an de Grapp kréien, wéi där do Fuerderung nozegoen.

Déi nei an al Regierung awer, déi 2009 untrëtt, déi weess am Joer 2009 schonns pertinemment - schonns pertinemment! - , a wéi engen Zäite mer ons deemools befonnt hunn an op wéi eng Zäite mer ons wäerten hibewegen: eng Finanz- a Wirtschaftskris, d'Gefor vun enger Inflatioun. Mir si bal elo ukomm do, en explosive Cocktail fir d'Beschäftegung.

An et war spéitstens, Dir Dammen an Dir Hären, 2009 de Moment komm, et war 2009 Zäit fir eng angehend Regierung, sech opzestelle fir d'Zukunft. An zwar, éischtens, d'Wirtschaftspolitik mat sozialen an ekologesche Komponenten ze definéieren an dozou eng strukturéiert Bildungs-, Orientéierungs- a Beschäftegungspolitik ze entwéckelen; an zweetens e Masterplang, e Plan d'action national, eng Regierungsprioritéit opzestellen, fir dësem Land eng Chance ze ginn, sech an deenen nächste Jorzéngten nei ze entwéckelen.

Leider, quasi bal an der Halbzeit vun dëser Regierung, ass um Niveau Beschäftegungspolitik een Thema. Dat Thema heescht Arbeitsamt. D'Äntwert vun der neier Regierung, dans sa totalité, zu enger Finanz- a Wirtschaftskris um Thema Beschäftegung, Demandeurs d'emploi, Orientéierung heescht: Reform Arbeitsamt!

Okay, Dir sot ons elo: Dir sidd jo och fir eng Reform vum Arbeitsamt! Ech iwwerloossen Iech elo, ze googlen oder op Wikipedia d'Definitioun vun „Reform" sichen ze goen, mä manifestement versti mir Gréng eppes aneschters ënner Reform um politesche Plang wéi dat, iwwert dat mir haut ofstëmme sollen.

Mä à propos Reform: Den Aarbechtsminister déposéiert virun engem Joer, am Dezember 2010, de Projet de loi zu der Reform vum Arbeitsamt. Bal ee Joer duerno, loosse mer emol éierlech sinn a soen, zéng Méint duerno, ginn eng Rei Amendementer déposéiert, am Oktober 2011. Déi Amendementer baséiere virun allem, wann net haaptsächlech op Konklusioune vun engem Bureau d'experts en „change management", eng Rei Amendementer, déi duerchaus Sënn maachen, souguer d'Essenz vun dësem Projet de loi gi sinn. D'Missioune ginn definéiert, d'Tâchë ginn definéiert.

Gott sei Dank ass dësen externe Bureau erbäigezu ginn, well en eigentlech deem ganze Projet de loi Fong gëtt, Inhalt gëtt. E weist awer och an engems, déi Amendementer weisen an onsen Aen och an engems op d'Schwächt hi vun deem initiale Projet de loi, dee vum Minister déposéiert gi war.

An onsem Verständnis ass eng regelrecht Reform vun enger Institutioun, déi soll eng Vermëttlungsroll, eng Orientéierungsroll an eng Begleedungsroll assuméieren, déi eng proaktiv Beschäftegungspolitik soll förderen - méi e grousse Chantier -, déi och politesch sech anescht auszeechent wéi dëse Projet de loi.

E puer Beispiller, e puer Froen dozou. Wou bleift den effektiven Échange mat de Patronen a mat de Betriber? Wou kréien d'Betriber e Genre Guichet unique fir eng regelrecht Kollaboratioun tëschent Vermëttlungsinstitutioun,...

(Interruption)

...tëschent Vermëttlungsinstitutioun an Offres d'emploi? Wou ass déi Plaz, wou de jonke Mënsch higeet an e regelméissege mënschlechen a fördernde Suivi garantéiert kritt, wou hien op eng konstruktiv Manéier säi Projet de vie gestalte kann?

(Interruption)

Wou sinn d'Schnëttstellen, d'Plattform tëschent Schoul an Aarbechtswelt? Wou ass déi Plaz, wou de Conseiller, deen am Arbeitsamt schafft, eng opbauend oder endlech eng opbauend an effizient Aarbecht leeschte kann an e Suivi vun Ufank bis zum Schluss garantéiere kann?

Datt elo Leit agestallt ginn, ass sécherlech begréissenswäert; d'Aart a Weis, wéi se elo agestallt solle ginn, ass och begréissenswäert. Mä dat reduzéiert ee Conseiller oder ee Placeur op awer nach e puer Honnert Dossieren. Dat ass an onsen Aen Dossiersaarbecht a keng Mënschenaarbecht.

Wéi eng Roll spillt den Observatoire de l'économie an dësem Kontext? Natierlech ass d'Arbeitsamt keng Plaz, wou d'Aarbechtsplaze geschafe kënne ginn. Dat brauche mer och net, well mer nach ëmmer hei zu Lëtzebuerg Aarbechtsplaze schafen. Et ginn nach ëmmer zu Lëtzebuerg Joer fir Joer Aarbechtsplaze geschafen. Mä de Problem ass d'Vermëttlung.

7%, an net, Här Spautz, wéi Dir virdru gesot hat, dräi Véirels vun de Plazen. Neen! Iwwer 90% vun den Embauchë gi laanscht d'Arbeitsamt, well grad 7% vun den Embauchë lafen haut iwwert d'Arbeitsamt!

Mir bezweifelen, datt mat dëse puer Ännerungen am Arbeitsamt, éischtens, d'Vermëttlung sech ka verbesseren, an zweetens, se gutt genuch opgestallt sinn, fir där ëmmer gréisserer Nofro gerecht ze ginn.

An dann, nieft der Vermëttlungsroll sollt jo esou eng Institutioun eng Orientéierungsroll spillen. Alt e puermol kënnt dat Wuert „orientéieren" oder „Orientéierung" am Text vum Projet de loi vir. Wien Orientéierung denkt, seet Schoul, Ausbildung, Formatioun, säi Wee fannen, an dësem Fall säi Wee an der Aarbechtswelt.

Hei ass et fir ons net novollzéibar, kee konkrete Lien zu enger Maison de l'orientation ze fannen. Wéi mir als Gréng am Joer 2009 déi Iddi vun der Maison de la formation et de l'orientation presentéiert hunn, hunn eng etlech Leit, déi am Alldag mat der Orientéierung vu jonke Leit um Terrain schaffen, dës Iddi begréisst. Si hu sech - déi Leit, déi um Terrain dagdeeglech schaffe mat der Orientéierung vu jonke Leit -, si hu sech praktesch aus der Nout eraus en Netz opgebaut, fir iwwerhaapt emol eng adequat Orientéierung ze garantéieren. Si sinn Demandeur fir esou eng Vernetzung, egal ob se am Ministère de l'Éducation nationale et de le Formation professionnelle oder am Ministère du Travail affectéiert sinn.

Kennt Dir zum Beispill, Dir Dammen an Dir Hären, kennt Dir de Wee vun engem jonke Mënsch, deen no senger Neuvième eng Léierplaz sicht? Wësst Dir, wéi dat viru sech geet?

Mëtt Juli décidéiert e Conseil de classe, datt dee jonke Mënsch da besser hätt, eng Léier ze sichen, well et an der Schoul net esou gutt virugeet. Da gëtt e geschéckt op dem Arbeitsamt seng Annex, Orientation professionnelle, wann et gutt geet och nach begleet vun der Action locale pour jeunes, fir sech do anzeschreiwen, datt en eng Léierplaz sicht. An do kritt e gehollef, eng Léierplaz - wann dann eng fonnt gëtt - ze fannen.

Wat awer manifestement de Problem ass, dat ass net, datt eng Orientation professionnelle oder eng Action locale pour jeunes am Juli, August Schoulvakanz huet. Neen, déi hu keng Schoulvakanzen, déi schaffen dann zimlech op Hochtouren. Mä wann awer muss mat der Schoul nach geschwat ginn, sech ofgestëmmt ginn, dann ass dat nom 15. Juli eriwwer, well déi sinn an der Vakanz. Dat ass e Fait, deen hei emol eng Kéier muss gesot ginn, well déi Vernetzung klappt net ëmmer. A mir kënne frou sinn, datt déi, déi an der Orientéierung schaffen, déi Aarbecht praktesch esou engagéiert maachen, well soss géif praktesch guer näischt goen!

Mä net vill Leit wëssen dat - dee Wee, deen e Jugendleche mat 15, 16, vläicht 17 Joer muss maachen an direkt gesot kritt: „Hei, du gees elo schaffen. Mell dech do an där Orientation professionnelle vum Arbeitsamt."

Déi meescht kommen och aus engem Régime préparatoire. Dat si grad déi schwächste Glidder vun onser Gesellschaft. Si hu wéineg Lobby. Si hunn och heibanne wéineg Lobby. Dofir ass et och net esou bekannt. An dat ass och hire Problem. An déi, déi dann am September keng Léierplaz fonnt hunn, déi gehéieren dann herno zu deene plus ou moins - doriwwer gëtt sech jo och gestridden, nach ëmmer - 300 Schoulofbriecher pro Joer, déi dann am „leeren Raum" dostinn. Dat sinn déi Leit, déi keng Léier fonnt hunn, déi mer herno do erëmfannen a wou mer versichen, se dann an iergendenger paraschoulescher Struktur ënnerzekréien.

Mir fannen dat net akzeptabel. Et geet dach hei haaptsächlech drëms, virun allem deene jonke Leit e méiglechst gudden Astieg an d'Aarbechtswelt ze garantéieren. Virun allem deenen, déi e bësse méi fragil sinn, och wa se net ëmmer fragil ausgesinn.

Well soss programméiere mer deem jonke Mënsch, sou wéi ech en Iech virdru beschriwwen hunn, en Abonnement op d'Arbeitsamt. An dee gëtt sech dann och iergendwann a sengem jonken Alter, ouni e Choix de vie, e Projet de vie gemaach ze hunn, ënnerlech op.

Mir fannen, datt, wann een dëser wichteger a schwiereger Aufgab nogeet, eng Beschäftegungsvermëttlungsinstitutioun ze reforméieren, da gehéiert dozou op alle Fall als Prioritéit och de Volet Orientatioun. An an onsen Aen, an onsem Verständnis vu proaktiver Beschäftegungspolitik wier et eminent wichteg gewiescht, nieft enger Agence de l'emploi, sou wéi se am Regierungsaccord steet, oder enger Maison de l'emploi, wéi mir dat gäre géife gesinn, och eng Maison de l'orientation ze schafen an déi mateneen ze presentéieren.

Wann ech mech hei méi laang iwwert d'Orientatioun vu jonke Mënschen ophalen, dann ass dat, well bal en Drëttel vun den Demandeurs d'emploi ënner 30 Joer hunn an an där Altersspart vun ënner 30 Joer méi Réinscriptiounen ze vermierke sinn um Arbeitsamt wéi éischt Inscriptiounen. Dat ass vläicht net esou vill wéi a Spuenien oder a Griichenland, mä dat ass enorm vill an dat ass dach symptomatesch fir e Land, wat all Joers nach ëmmer Aarbechtsplaze schaaft.

Datt mer hei zu Lëtzebuerg vill ze vill oder nach ëmmer ze vill Jonker hunn, déi d'Schoul ouni Ofschloss verloossen, datt mer keng adequat Struktur fir all Jonker hunn, virun allem fir Jonker hunn, mä méi spezifesch déi Kategorie vu Jonken hunn, fir déi ze empfänken, léisst déif blécken iwwert d'Gestaltungspolitik fir déi nächst Generatiounen.

Wat mer awer hunn, si Servicer, déi souwuel affectéiert sinn um Arbeitsamt, wéi zum Beispill d'Orientation professionnelle, wéi och um Ministère de l'Éducation nationale, wéi zum Beispill d'Action locale pour jeunes, an déi gesinn déi Trennung tëschent deenen zwee Ministërë guer net esou enk wéi an der Politik.

Firwat? Obwuel et en Aarbechtsgrupp gouf - oder vläicht nach gëtt - tëschent deenen zwee Ministèren, huet den Aarbechtsminister dëse Projet de loi déposéiert d'lescht Joer am Dezember an net ofgewaart, datt de Projet „Maison de l'orientation" fäerdeggestallt wier. Wat fir eng verpasste Chance, fir strukturell Zesummenaarbecht ze garantéieren an den Demandeurs d'emploi, virun allem deene jonke Mënschen, e méiglechst gudden Encadrement an e gudden Iwwergank op den Aarbechtsmaart ze erméiglechen!

Ech géif gären nach e puer Wuert soen zu enger substanzieller Aarbecht, déi och vum Arbeitsamt geleescht gëtt: all déi Aarbecht ronderëm déi sëlleche Mesuren. Net nëmmen de Rapport vun der OCDE, dat ass schonn hei gesot ginn, mä och de Rapport vun der Cour des Comptes stellt effektiv d'Effikassitéit an d'Effizienz vun enger ganzer Rei vu Mesuren a Fro, virop och déi Mesuren, déi aus dem Projet 5611 entstane sinn, déi Mesuren CAE, CIE, CIE-EP.

Och bemängelt d'Cour des Comptes, dat ass schonn hei gesot ginn, datt et bis elo schwéier méiglech war, wann net onméiglech, eng Evaluatioun ze maachen an effektiv dem Zil gerecht ze ginn. Am Ufank gouf et emol keng Indicateurs de performance, wat mer eigentlech net verstinn. Well wa mer wëllen engem Zil gerecht ginn, da musse mer vun Ufank un Indicateurs de performance asetzen, fir datt mer och herno wëssen, ob mer d'Zil erreecht hunn oder net.

Déi brut Statistiken hu mer herno kritt. Elo sollen dann och qualitativ Statistike gemaach ginn. Mä wou kommen all déi Mesuren hier? Firwat si se agefouert ginn? Si se nach ubruecht? Hu se eppes bruecht? Passe se openeen? Si se complémentaire? Si se temporaire? Solle se temporaire bleiwen? Dat alles si Froen, wou mer keng wëssenschaftlech Äntwert drop hunn.

An all Sozialpartner, souwuel d'Patrone wéi d'Gewerkschafte wéi jiddwereen, deen en Avis dozou ginn huet, si sech eens fir ze soen, datt mer musse mat deene Mesuren opraumen no der Verlängerung.

Souguer de Rapporteur vun dësem Projet de loi, de Fraktiounspresident vun der Sozialistescher Aarbechterpartei, huet d'lescht Woch hei an der Chamber gesot am Kader vun de Budgetsdebatten, datt mer wierklech net kënnen, ech zitéieren: „...mir näischt dir näischt dës Mesuren einfach esou ëm ee Joer verlängeren". An dofir misst eng Evaluatioun kommen. An dofir misst och hei eng Debatt gefouert ginn. Net eng Debatt iwwert d'Mesuren, mä eng Debatt iwwert d'Beschäftegungspolitik.

Mir kënnen deem nëmmen zoustëmmen, Här Fraktiounspresident vun der Sozialistescher Aarbechterpartei. Wou mer Iech allerdéngs net recht ginn, dat ass, wann Dir an engem Interview an der Zeitung sot: „Mir sollen eis elo emol Zäit loossen an dat a Rou maachen." Ech mengen, mir hate ganz vill Zäit a mir sollen ons elo keng Zäit méi loossen, mä mir mussen dat do elo ënnerhuelen!

D'Mesurë sinn a Saache Beschäftegungspolitik vu jonke Mënschen déi Haapt- oder wann net déi eenzeg Léisungsvirschléi vun der Regierung. Dëst si Mesuren, wou ee jonke Mënsch - héich, manner héich oder guer net qualifizéiert - dierf op eng Plaz schaffe goe fir manner wéi de Mindestloun an op engem CDD.

An ech muss Iech soen, Här Bauler: Natierlech huet den Aarbechtsminister déi Flexibiliséierung vun u sech dem Aarbechtsrecht ënnerstëtzt. Et ass net nëmmen d'UEL, déi seet, mir mussen d'Aarbechtsrecht flexibiliséieren a méi CDDen aféieren. Et ass den Aarbechtsminister, deen dat eigentlech och als eng Mesure favorable zu jonke Leit fënnt, well e seet, dat ass eng flott Mesure - méi CDDen, eng flott Mesure -, fir datt déi Jonk besser op den Aarbechtsmaart kommen.

Also mir ginn hei an der Philosophie erof vun deem, wat Standard ass - nämlech CDI, a wou CDD eigentlech ëmmer gutt reglementéiert d'Ausnahm war -, bei jonke Leit, déi op den Aarbechtsmaart emol eréischt kommen, a mir soen, d'Léisung géint de Chômage des jeunes ass méi CDD.

Den Arbeitgeber kritt da fir dës Mesuren, déi dann och CDD sinn, substanziell finanziell Ënnerstëtzung. Et gëtt sech bal esou verhalen, wéi wann de Patron eng Aart Entschiedegung géif kréien, well en e jonke Mënsch astellt op CDD!

Dir Dammen an Dir Hären, well ech muss Iech eppes soen: Ech géif gären an dësen Zäite vun haut dee Patron gesinn, deen, wéi den Här Lux seet, „mir näischt dir näischt" einfach e jonke Mënsch astellt, ouni datt en eng Aarbechtskraaft brauch!

Wann e Patron een astellt, dann ass dat, well en ee brauch! Da brauch hien net iwwer eng Mesure ze fueren, déi déi Jugendlech eigentlech diskriminéiert a wou hien eng finanziell Sprëtz nach zousätzlech zu der Aarbechtskraaft kritt!

An ech muss am Numm vun der grénger Fraktioun soen, datt et fir ons net méi haltbar ass, datt dës Mesuren, déi mer herno stëmme sollen an deem nächste Projet de loi, erëm ëm ee Joer verlängert ginn! Do gi wichteg… - also wéi soll ech dat soen? -, dat ass…, do gëtt... En Aarbechtsvermëttlungsinstitut muss sech eigentlech mat Mesurë ploen, fir eigentlech eng net nohalteg Beschäftegungspolitik ze förderen.

Net nëmme wësse mer net, ob se sech bewährt hunn, déi Mesuren - manque de statistiques -, mä de Prinzip fanne mir einfach falsch. Et dierf an onsen Aen net sinn, datt eng Aarbechtsvermëttlungsinstitutioun als Instrument Mesurë kritt, déi eigentlech e Jugendlechen zwar à court terme beschäftegen, mä ënner ongerechte Konditiounen.

Dës Mesuren, just dës Mesurë fir Jugendlecher, kaschten d'Allgemengheet all Joers iwwer 10 Milliounen Euro aus dem Fonds pour l'Emploi.

Mir bedaueren et och, datt am Kontext „Reform vun der Vermëttlung" d'Vermëttlerroll vun der Ëmschoulung, d'Beschäftegungsinitiativen net ernimmt ginn. Et war scho virdru gesot ginn. Duerch d'Aktualitéit vun deene leschte Méint ass et zwar kloer ginn, datt d'Beschäftegungsinitiativen eng wichteg Roll kënne spillen, awer besser organiséiert musse ginn, och legislativ. Wéi a wéi vill kënne si ee complémentairë Partner zu enger reforméierter ADEM sinn? Keng Spur dovunner!

Ech wollt och an dësem Kontext de Ressort vum Landwirtschaftsminister hei ervirbréngen, nämlech d'Économie sociale et solidaire, wou virun engem Mount eng flott Konferenz war, wou mer zumindest an engem éischten Essai emol eng strukturéiert Approche presentéiert kritt hunn, wéi ee kann op deem awer sensibelen Thema vun der Économie sociale et solidaire hei an dësem Land mat alle Partner versichen, eng reell - déi nach opzebauen ass - Économie sociale et solidaire opbauen.

An onsen Aen, als gréng Fraktioun menge mir, datt do ganz, ganz vill Potenzial ass, fir eng nei Form vu Beschäftegungspolitik ze maachen, déi iwwregens och méi nohalteg soll sinn.

Schlussendlech wëll ech ons alleguerten drun erënneren - dat ass och e bëssen d'Konklusioun vun der grénger Fraktioun -, datt et eng Corrélatioun gëtt tëschent Wirtschaftskris, Beschäftegung a Chômage, Aarmut a Cohésion sociale zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus. Mir kënnen an Zukunft déi eenzel Politiken an hire Krisen net méi separat kucken a separat no Léisunge sichen, well déi wäerte mer op dës Manéier net fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi vum Aarbechtsminister weist d'Onfäegkeet vun enger ganzer Regierung, fir kohärent, iwwerluecht an duerchduecht Politiken ze presentéieren, déi Politik, déi mir bräichten an dësen Zäiten, wou mer ons mussen op eng aner Form vu Liewensqualitéit astellen a méi op all Eenzelnen agoen, fir de soziale Fridde weiderhin ze garantéieren. An dofir wäerte mir géint dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. An als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus e Wuert vu Merci un de Kolleeg Lucien Lux als Rapporteur vun dësem Gesetz. Ech mengen, de Lucien Lux, wann een e bëssen a seng Biographie erakucke geet, schafft am Fong schonn 30 Joer un deem Projet de loi. An en huet mer selwer gesot, datt en 1979 um éischte Grënnungskongress vum OGB-L schonn eng Reform vun der ADEM verlaangt huet. Dat war 1979. Dat sinn also schonn 32 Joer hier. A wann ee weess, datt d'ADEM viru 35 Joer an där heiter Form entstanen ass: Do huet en also praktesch direkt nodeem datt d'ADEM entstanen ass ugefaangen ze fuerderen, datt se misst reforméiert ginn.

Gëschter huet en am „Lëtzebuerger Wort" geschriwwe vu 25 Joer. Ech wëll drun erënneren, de Lucien Lux ass vun '89 u scho politesch aktiv. E war Deputéierten, Minister, an elo erëm Deputéierten. An ech géif dann elo soen, als kréinenden Ofschloss vu senger 30-jähreger gewerkschaftlecher a politescher Aarbecht konnt en dann elo Rapporteur zu engem Gesetz ginn, wat en iwwer 30 Joer laang gefuerdert huet, datt et reforméiert gëtt. Mä et ass ni ze spéit, fir gutt ze maachen.

Här President, de Chômage, dee klëmmt hei zu Lëtzebuerg permanent. Ech mengen, mir kommen elo lues a lues un d'Grenz vun 20.000 Demandeurs d'emploi, wa mer déi Chômeuren huelen, déi als Chômeuren enregistréiert sinn, plus déi Leit, déi an de Beschäftegungsmoossname sinn.

Ech ka mech erënneren, an de Joren, wéi d'Stolkris entstanen ass, do hu mer deemools festgehalen, wa mer eng Kéier géife bei 7.500 Chômeuren hei zu Lëtzebuerg kommen, da

wier dat eng exzeptionell Kris an et misst och deementspriechend reagéiert ginn. Haut schwätze mer net méi vu 7.500, haut gi mer lues a lues op d'Zuel vun 20.000 duer!

De Chômagetaux wäert geschwënn hei am Land d'6%-Grenz erreechen. A mir wëssen alleguer, opgrond vun deenen Informatiounen, déi mer kréien, datt en an deenen nächste Joren dierft weider klammen an iwwert den Taux vu 6% erausgoen.

Et muss ee sech dat eng Kéier a Relatioun stelle mat den Nopeschlänner, wou am Prinzip de Chômage am Ableck lues zréckgeet. A wou elo souguer eis däitsch Nopere souguer ënner 6% kommen, gi mir elo déi aner Richtung: Mir ginn iwwer 6%. Et muss een also feststellen, datt mir hei entgéint der genereller Entwécklung an eisen Nopeschlänner eng Progressioun am Chômage hunn.

Ech mengen, et ass net d'Schold vun der ADEM, datt mer dee Chômage hunn. D'ADEM, an dat ass de Moien hei scho gesot ginn, déi schaaft keng Aarbechtsplazen. Mä wa mer awer wëssen, datt mer esou een héijen Taux vu Chômeuren hunn, a mir wëssen, datt 16, 18% vun deenen och nach Jugendlecher sinn, dann däerf dat eis einfach net méi kalloossen a mir musse politesch reagéieren.

Ech mengen, wa mer eiser Jugend keng Perspektive méi ginn, wann d'Jugend sech verlooss fillt, d'Gefill huet, se wier vun der Politik, vun der Gesellschaft verlooss, mir géifen hinne keng Aarbecht méi ubidden, da musse mer wëssen, wann d'Jugend keng Perspektive méi huet fir hir Zukunft, hiert Liewen, hir Famill opzebauen, datt dat Konsequenzen huet, déi néfaste kënne fir eng Gesellschaft sinn.

(Mme Lydia Mutsch prend la présidence.)

Et muss also duerfir eis Prioritéit sinn, a priori jonke Mënschen Aarbechtsplazen ze ginn. An duerfir ass et och wichteg, datt mer esou eng Reform maachen.

Wann ech virdru gesot hunn, datt d'ADEM keng Aarbechtsplaze schaaft, da wësse mer, datt op där anerer Säit et d'Ekonomie ass, déi déi Aarbechtsplaze schaaft. Mä net nëmme méi d'Privatwirtschaft schaaft haut vill Plazen, mä wa mer déi lescht Joren zréckkucken, och den öffentleche Secteur, de Stat, d'Gemengen an Organisatiounen, déi virun allem am Fleegedéngscht zoustänneg sinn, hunn an deene leschte Jore ganz vill Aarbechtsplazen hei am Land geschaaft.

Et ass och net, datt mer hei am Land keng Aarbechtsplaze schafen. Et gëtt ëmmer geschwat vun der Diversifikatioun vun den Entreprisë vun eiser Ekonomie. Mä souguer bei engem ganz schwaache Wuesstum, dee mer am Ableck hei am Land hunn, komme mer awer nach un Zuelen eru vu praktesch 10.000 netto Aarbechtsplazen, déi mer pro Joer hei am Land schafen. Dat heescht, et ginn ëmmer nach weider Aarbechtsplazen hei am Land geschaaft. An duerfir ass d'Fro ëmsou méi berechtegt: Wéi ass et da méiglech, wa mer 10.000 netto Aarbechtsplazen d'Joer hei schafen, datt trotzdeem de Chômage vu Joer zu Joer wäert klammen?

D'Ursaach, mengen ech, déi mer feststellen, an datt dee Chômage..., déi 10.000, et ginn ongeféier 40% vun deenen neien Aarbechtsplazen, déi mer eis schafen, déi gi vu Frontaliere besat.

D'Ursaach, déi een ëmmer héiert bei de Betriber, dat ass, datt se keng Leit fannen, déi déi néideg Qualifikatioun hunn, déi se an de Betriber brauchen. Wa mer déi Ursaach da méi verdéiwen, da fanne mer am Fong, datt am Fong d'Schoulpolitik, déi mer iwwer Jorzéngten hei am Land gemaach hunn, eng vun den Haaptursaachen ass, datt mer haut dee grousse Chômage hunn, well eben eis Schoulen net eiser Jugend déi Formatioun ginn, déi eis Ekonomie, déi d'Betriber brauchen. Mir orientéieren a forméieren eis Kanner net de Bedierfnisser vun de Betriber no.

An duerfir mengen ech, ass et wuel wichteg, datt mer och hei ëmmer erëm betounen, datt d'ADEM muss och eng Struktur hunn, fir Weiderbildung vun deene Leit ze ginn, déi Demandeurs d'emploi sinn. Mä vill méi wichteg ass, mer ginn de Leit preventiv an eisem normale Schoulsystem, an de Grondschoulen, an de Lycéeën, mir ginn hinnen do déi Formatioun, déi se brauchen, fir herno am Aarbechtsmaart integréiert ze ginn. Wa se dann och nach eng Weiderbildung herno wëlle maachen, tant mieux! Mä mir däerfen net mengen, datt d'ADEM dat misst opfänken, dat Versoen, wat iwwer Jorzéngten an der Schoulpolitik hei zu Lëtzebuerg geschitt ass. Dat ass eng Realitéit, déi mer musse wëssen!

Et ass natierlech och kloer, wa mer soen, mir hunn 20.000 Leit - mat deenen an de Beschäftegungsinitiativen -, oder bal 20.000, datt d'Betriber trotzdeem zu enger grousser Zuel op Frontalieren zréckgräifen. Ech mengen, et ass de Moien hei gesot ginn, 40% vun deenen hu praktesch keng Qualifikatioun. Mä déi aner hunn awer zum Deel eng Qualifikatioun, bis haut souguer ganz performant Qualifikatiounen. An ech mengen, do spillt och d'Relatioun tëschent de Betriber an der ADEM eng Roll, wou ech herno nach wäert drop kommen, déi muss onbedéngt verbessert ginn, fir datt déi Relatioun Betriber-ADEM zustane kënnt, fir datt wierklech déi Leit, déi dem Aarbechtsmaart zur Verfügung stinn - a mir hunn der hei -, datt mer do einfach musse kucken, datt d'Betriber och déi Leit kréien.

Et ass natierlech wouer, datt de Chômage terribel staark geklommen ass an datt mer iwwert d'Joren och d'ADEM net deementspriechend ugepasst hunn. Un de Wuesstum vum Chômage hu mer de Wuesstum vun de Placeuren net alignéiert, an dat awer, Här President - wëll ech hei kloer soen! -, virun allem zu Zäiten, wou d'Aarbechtsministeren hei am Land Juncker a Biltgen geheescht hunn. Ech mengen, et ass virun allem d'CSV, déi hei muss e Mea culpa maachen, déi quasi 15 Joer laang dee Ministère do hat, a wou während 15 Joer näischt geschitt ass. Dat muss ee ganz kloer hei soen!

An ech war e bëssen iwwerrascht de Moien, wéi ech de Kolleeg Spautz hei héieren hunn, deen am Fong nach haut de Moien hei opgetratt ass an am Fong déi Kritiken - en huet vun de Gewerkschaften, vum Patronat, vun de Beruffschambere geschwat, déi Kritike vis-à-vis vun dësem Projet a vis-à-vis vum Minister maachen -, hie konnt déi Kritike verstoen an deenen och nach zum Deel recht ginn als Koalitiounspartner! Den Här Spautz hätt sollen de Moien hei... An der Adventszäit misst jo e Politiker, deen den C a sengem Numm huet - als Chrëscht an net fir Carrière ze maachen -, esou ee Politiker misst am Fong dann och hei selwer mat sech emol eng Kéier zu Kouer goen a soen, datt déi gréisste Schold, datt mer haut esou eng Situatioun op der ADEM hunn, a senge Reien ze fannen ass bei de Ministere Juncker a Biltgen.

Ech géif mengen, wann ee weess, datt do zwee Ministere vun der CSV iwwer 15 Joer näischt gemaach hunn, da muss een och wëssen, datt déi schold dru sinn, datt iwwer Joren Honnerten an Dausende vu Jugendlechen hei am Land keng Aarbechtsplaz fonnt hunn. Dat ass d'Schold vun der CSV a vu soss kengem, Här Spautz, an dat hutt Der de Moien hei vergiess ze soen!

(Interruption)

Et ass soss kengem seng Schold wéi der CSV hir, datt Dausende Jugendlecher iwwer Jorzéngten hei am Land keng Aarbechtsplaz fonnt hunn! Dir sollt do net esou maachen...

(Interruptions diverses)

Ech wëll net den Nicolas Schmit als neie Minister hei a Schutz huelen, mä mat dem neien Aarbechtsminister ass wéinstens Bewegung...

(Interruptions diverses)

...ass emol wéinstens Bewegung an den Dossier komm an et ass kee Stëllstand, dee mer vun der CSV iwwer dräi, véier Perioden hei konnte feststellen.

Ech mengen, et si Leit agestallt ginn, et si 35 Leit als Placeur bäikomm, et ass eng Dezentralisatioun komm vun der ADEM op Diddeleng, Déifferdeng a Waasserbëlleg. An duerfir mengen ech, sollt een net awer elo als CSV higoen an och nach op de Koalitiounspartner hei wëlle klappen - wou ech jo beileiwen net bekannt sinn, datt ech en a Schutz huelen! Mä hei hunn ech awer fonnt, datt et fir e chrëschtleche Politiker an enger Adventszäit wierklech déplacéiert war, fir hei esou Saachen ze soen.

(Hilarité)

Här President, wat de Statut ubelaangt, ob et en Établissement public gëtt, wat d'CSV an d'LSAP och am Koalitiounsaccord festgehalen haten: Ech wëll awer soen, datt mir schonn och an eisem Wahlprogramm an der leschter Legislaturperiod gesot hunn, datt de Statut fir eis net dat Wichtegst ass. Mir kënnen och domat liewen an där Form, datt et Fonctionnairë sinn, déi d'ADEM féieren a Placeur sinn. Domadder kënne mir gutt liewen.

Ech mengen, et ass dem Demandeur d'emploi ganz egal, ob en e Fonctionnaire do sëtzen huet oder e Salarié ënnert dem Privatstatut. D'Haaptsaach fir deen ass, datt en eng Plaz kritt. Deem ass de Statut vum Placeur ganz egal! An duerfir musse mer kucken, datt déi Leit à même gesat ginn, déi do sinn, fir de Leit eng Plaz ze ginn a se kënne begleeden, datt se déi Formatiounen hunn an déi Relatioune mat de Betriber hunn, déi se brauchen, fir kënne Leit eng Plaz ze ginn. Dat ass dat Wichtegst!

An ech fannen, datt dat en Nieweschauplatz ass, op dee mer higinn, fir déi ganz Zäit iwwert de Statut ze schwätzen, ouni datt mer... Da mussen déi Leit jo am Fong geholl och soen, si wieren der Meenung, d'Fonctionnairë wieren net à même, fir dat doten ze maachen. Da sot et esou kloer, déi, déi hei alleguerte soen, et misst en Établissement public ginn. Wann Der dat wëllt maachen, da sot dat! Sot einfach: Déi sinn net capabel an duerfir musse mer en Établissement public maachen. Mir soe ganz kloer: Eis ass de Statut egal, fir eis ass et prioritär, datt déi Leit Placeure vis-à-vis sëtzen hunn, déi hinnen Aarbecht ginn.

Datt mer kënnen an esou enger Struktur och op Leit aus dem Privatsecteur zréckgräifen, déi Méiglechkeet sollte mer eis ginn, fir eben och déi Flexibilitéit eranzekréien. Et kënnen Zäite kommen, wou mer kuerzfristeg vill méi Leit kréien, déi eng Plaz sichen, a wou mer wëssen, datt iwwert déi Prozedur, wéi mer se an der Fonction publique hunn, mer net direkt kënne séier Leit asetzen, respektiv och wann de Chômage, wat mer eng Kéier hoffen alleguer, datt deen erëm eng Kéier zréckgeet, datt een och vläicht erëm déi Leit ka lues a lues ofbauen. Da gëtt de Privatstatut engem méi Méiglechkeeten. Dat kann een zousätzlech dozou maachen, fir ebe sech déi Flexibilitéit ze ginn. Mä fir de Rescht hu mir awer kee Problem, wa se ënnert deem Statut bleiwen, wéi en elo ass.

D'Zil muss sinn, datt eng besser Betreiung vum Demandeur d'emploi gemaach gëtt: wann en eng Weiderbildung muss kréien, datt en déi dann och soll kréien, mä datt net nëmme méi, wéi mer an der Vergaangenheet e bëssen de Fall haten, de Chômage verwalt gëtt. Wou awer och net déi Leit schëlleg sinn, well wann ee Placeur 400 Leit ënner sech huet, fir ze placéieren, da kann e se nëmme just méi verwalten an e ka keng uerdentlech Placeursaarbecht maachen. Och dat muss ee soen.

Also musse mer d'ADEM, déi nei Verwaltung en mesure setzen, datt se genuch Leit huet, fir kënnen ënner räsonabele Konditiounen déi Betreiung ze maachen, a wa méiglech eng individuell Betreiung. All Demandeur d'emploi soll den Numm kennen, soll eng Persoun hunn, mat där en d'Relatiounen hierstellt, eng Persoun hunn: Dat ass mäi Placeur, un deen ech mech permanent wennen a mat deem ech ka schaffen. Mir ware viru Joren eng Kéier mat der Kommissioun an England kucken, do gëtt et déi sougenannten Jobzentren, déi och laut deem System méi oder wéineger fonctionnéieren, wou jiddweree seng Kontaktpersoun huet, fir dat ze maachen.

Dat heite Gesetz beschäftegt sech jo am Fong och nëmme mam Kader, mat der Struktur, net mat de Beschäftegungsmoossnamen, allen aarbechtspolitesche Moossnamen; dat sinn aner Gesetzer, déi mer direkt solle maachen.

Här President, ech géif awer och nach drop agoen, op d'Relatioun tëschent der ADEM an de Betriber. Ech mengen, déi muss virun allem verbessert ginn. An et ass de Moie schonn ugeklongen an och mir sinn der Meenung, wann een haut mat de Betriber schwätzt, da soe se: „Ma mir kréie praktesch keng Leit geschéckt, oder wa mer der geschéckt kréien, dann entsprieche se net deem Profil, wéi mir eis e virstellen." Mir kéinten eis virstellen - an dat Gesetz hei gëtt eis jo och Méiglechkeeten -, datt mer eis informatesch esou ausbauen, datt wierklech de Profil vun all Demandeur esou prezis wéi méiglech beschriwwe gëtt an datt d'Betriber da misste kënnen online dorobber zréckgräifen an direkt kucken: Ma gëtt et där Leit bei dem Aarbechtsamt oder der ADEM, déi deem Profil entspriechen?

Dat soll natierlech net mam Numm dostoen, well ech mengen, den Dateschutz muss respektéiert ginn. Mä et muss awer méiglech sinn, datt e Betrib direkt uklickt a kuckt: Gëtt et där Leit, déi dee Profil hunn, deen ech am Betrib brauch? Eventuell och nach, wou e wunnt a wat e vu Führerschäin a Gott weess wat alles vu Formatioun huet - de Profil esou genau beschreiwe wéi méiglech. A wann en där fënnt, da wennt e sech un d'ADEM, an déi gëtt em dann d'Relatioun, stellt déi hier mat där Persoun, mam Numm, fir datt déi zwee a Verbindung kommen.

Ech mengen, et sollt een... Also duerfir ass et och fir eis wichteg, datt déi Commission d'accompagnement do geschaaft gëtt, wou dann och d'Betriber déi Problemer, déi een elo ëmmer héiert vun de Betriber - datt dat eent oder dat anert, datt se net richteg informéiert wieren -, datt een do un der Zesummenaarbecht schafft. Duerch déi Kommissioun kënnen d'Betriber jo awer elo direkt dann och do Afloss huelen un der Plaz, fir ze soen, wat si gären hätten.

Ech wëll dann nach fir déi kuerz Zäit, wou mer bleift, Här President, e puer Wierder verléieren iwwert d'Beschäftegungsinitiativen. Et war sécherlech déi Zäit, wéi d'Beschäftegungsinitiative gegrënnt gi sinn, eng gutt Initiativ, well mer, egal wat mer maachen, ëmmerhin deen een oder deen anere Prozentsaz vu Leit behalen, déi schwéier bis guer net ze placéiere sinn. Ech mengen, och dat musse mer wëssen, datt mer ni wäerten en Null-Prozentsaz am Chômage kréien. Et wäert ëmmer eng Kategorie vu Leit ginn, déi mer net an den éischten Aarbechtsmaart integréiert kréien.

Awer mir mussen deene Leit trotzdeem eng Beschäftegung ginn, eng Aarbecht ginn, eng Zukunft ginn. Se musse sech awer als vollkommen an der Gesellschaft kënne fillen. An duerfir waren déi Beschäftegungsinitiativen och gutt. Mä iwwert d'Joren hunn déi Beschäftegungsinitiative sech esou entwéckelt, datt se eiser Meenung no haut hir Berechtegung verluer hunn.

Si hunn hir Berechtegung verluer, well einfach: Am Ursprong hate mer dat zäitlech limitéiert, déi Leit haten e Contrat à durée déterminée. Dann hu mer festgestallt, datt dat net respektéiert ginn ass. Si si vun enger Beschäftegungsinitiativ bei déi aner transféréiert ginn, fir eben iwwert dee Contrat à durée déterminée do erauszegoen. An elo ass et dann indéterminé. A Verschiddener, déi elo doranner komm sinn, gesinn dat als eng Liewensstellung, déi se do kréien. An de But, fir an den éischten Aarbechtsmaart eranzekommen, deen ass net méi do.

Duerfir mengen ech, wann een och kuckt, datt mer 50 Milliounen Euro praktesch d'Joer an déi Beschäftegungsinitiativen erapompelen, wou mer festgestallt hu bei de Problemer, déi mer elo kierzlech mat esou enger Initiativ haten, datt mer am Fong geholl op zwee Demandeuren een Accompagnant kréien; wa mer wëssen, datt mer beim Aarbechtsamt ee Placeur fir 400 Demandeuren hunn a mer hunn op där anerer Säit op zwee Demandeuren een, a mir gesinn dann d'Resultat, wat awer bei der Beschäftegungsinitiativ erauskomm ass - et ass quasi null, wat mer do vu Leit an den éischten Aarbechtsmaart integréiert kréien -, da muss een dat einfach esou gesinn an et muss ee soen: „Dat ass een Échec!", an da soll een domadder ophalen!

Mir proposéieren duerfir, datt een déi Beschäftegungsinitiative soll annexéieren un d'Aarbechtsamt, well dann déi direkt Relatioun do steet, an datt ee soll a priori versichen, en Tri ze maachen tëschent deene Leit, déi schwéier bis guer net ze placéiere sinn, an déi eventuell bei Gemengen, beim Stat ënnerzekréien - datt ee se a sozialen Ariichtungen an A.s.b.l.en ënnerkritt -, an déi aner, wou ee gesäit, dat sinn der wierklech, déi kéinten op den éischten Aarbechtsmaart kommen, do soe mir, da sollen déi an d'Betriber kommen, quitte datt een d'Betriber och do soll - an do sinn ech mat menger Virriednerin net d'accord, datt een d'Betriber net méi soll ënnerstëtzen -, dach, et muss een d'Betriber encouragéieren, fir déi Leit da bei sech anzestellen!

Natierlech ënnert der Konditioun, datt e Betrib net kann higoen a permanent eng bestëmmten Zäit een huelen - an dann dee subsidiéiert kréien - an dann duerno deen erëm op d'Strooss setzen an deen Nächsten huelen. Dat däerf et net sinn! Also och do musse mer eis Regele ginn, datt d'Betriber eng gewëssen Obligatioun dann och kréien, wa se där Demandeure kréien a se kréie vum Stat, vun der Allgemengheet gehollef, da musse se och déi Leit astellen. Et sief, et géifen Argumenter, novollzéibar Argumenter virleien.

Duerfir soe mir, eist Zil muss et sinn, déi Leit, déi fäeg sinn, an den éischten Aarbechtsmaart ze kommen, déi musse mer och kucken an den éischten Aarbechtsmaart eranzekréien. An dat kënne mer nëmmen, wa mer déi Leit an d'Betriber dirigéieren. An déi Leit, déi mer eben net mengen an den éischten Aarbechtsmaart kënnen eranzekréien, déi sollte mer, wéi gesot, bei Stat, Gemengen a sozialen Institutiounen ënnerbréngen. Dann, mengen ech, hu mer eng Situatioun... Graff, d'Gewerkschaften, déi sollen hir Aarbecht maachen als Gewerkschaften, an d'Betriber, déi sollen hir Aarbecht als Betriber maachen, a mir sollen dat eent mat deem aneren net verwiesselen.

Här President, ech hu relativ positiv elo déi ganzen Zäit hei iwwert dat Gesetz geschwat an ech mengen, et sinn och eng ganz Rei vun Akzenter, déi positiv an dësem Gesetz sinn. Virun allem, et geschitt emol eppes! Dat ass fir eis emol dat Wichtegst. Nodeems mer 15, 20 Joer CSV-Stëllstand an deem Dossier haten, geschitt elo emol eppes, an dat soll een awer och als Oppositiounspolitiker däerfen ervirhiewen.

Ech mengen, et ass e Kader, dee mer eis hei gesat hunn, dee muss elo mat Liewen, mat Inhalt gefëllt ginn. Do kann natierlech jiddweree seng Skepsis hunn, an déi hu mir och. Mir wëssen, datt mer ganz dacks hei gutt Virsätz haten, an

herno huet d'Praxis awer bewisen, datt dat net esou war. Duerfir geheie mir och an Zukunft e kritesche Bléck op dat heite Gesetz.

Mir wäerten duerfir beim Gesetz net dergéint stëmmen, mä mir wäerten eis enthalen, fir einfach mat engem kritesche Bléck dat Gesetz ze observéieren an op där anerer Säit awer eng glécklech Hand ze wënschen, datt dat, wat mer..., oder de Minister, oder d'Regierung sech hei virgeholl huet, datt dat och wäert glécken.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Gibéryen. Deen nächsten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Madame Presidentin. Dee Gesetzesprojet hei, deen huet jo, et ass wéineg dovu geschwat ginn hei, eng politesch staark ausgeprägte Virgeschicht. Déi Virgeschicht geet am Fong geholl zréck op déi Diskussioun, déi den Här François Biltgen 2006 lancéiert huet als Aarbechtsminister, iwwert d'Beschäftegungspolitik. En huet deemools e Projet de loi déposéiert. Dat ass iwwregens ee vun deene wéinegen, wann net deen eenzege Projet de loi, deen haut nach bekannt ass ënner sengem Numero: de 5611. Dat ass e richtegt Markenzeeche ginn.

Esou wéi „Kölnisch Wasser 4711"...

(Hilarité)

...ass et e richtegt Markenzeeche gi fir eng Beschäftegungspolitik, déi virun allem wollt deemools de Problem vun der Jugendbeschäftegung léisen um Bockel vun deene Jugendlechen. Dee Gesetzesprojet huet ganz séier zu grousse Schülermanife gefouert, och mat deene gréissten, déi an deene leschte Jore stattfonnt hunn. Doropshi sinn eng Rei Saachen dra geännert ginn, mä am Wesentleche besteet nach ëmmer de 5611 a senger Logik, a senger Philosophie an och a sengem Contenu haut nach am Aarbechtsrecht.

Virun allem steet e fir d'Proratiséierung vum Chômage, dat heescht dofir, d'Durée vum Chômage unzepassen un déi Zäit, wou ee virdru geschafft huet. E steet fir eng Aktivéierungspolitik vun den Aarbechtslosen, wou am Fong geholl virausgesat gëtt, dass déi Aarbechtslos prinzipiell onwëlleg sinn, fir schaffen ze goen, an doméinst gesäit en och Sanktioune vir. E steet fir eng Politik vu bëllegen Aarbechtskräften duerch eng Rëtsch vu Placementsmesuren a prekären Aarbechtsverhältnisser: CAE. De Begréff vun der Employabilitéit vun der Aarbecht stécht dohannert, deen am Fong geholl dovun ausgeet, net vun de reelle Bedierfnisser vun der Ekonomie, mä vu virausgesatene Verwäertungsbedierfnisser, an domadder entwäert en och d'Aarbecht u sech.

A well mer jo schonn an der Adventszäit sinn - ech sinn net esou bewandert do an deene Kategorien - wëll ech awer och de Jean-Paul II. zitéieren,...

Plusieurs voix.- Aha!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- ...an zwar indirekt am Kader vun engem Artikel vum Här Léon Zeches vum 19. September 2009, dee sech ausenanergesat huet deemools mat deene Mesuren a mat där ganzer Politik, deen huet geschriwwen: „Irgendeine Arbeit ist besser als keine!" géif gesot ginn, „Doch entwerten solche Parolen nicht die Arbeit an sich und verschleißen das Arbeitsvermögen? Die staatliche Nötigung Arbeitswilliger, so Johannes Paul II., jede irgendwie zumutbare Arbeit anzunehmen, verletze das persönliche Grundrecht auf sinnvolle Arbeit und mache die Gesellschaft zu einer Horde von Arbeitstieren." Ganz staark Wierder!

Den Här Schmit huet den Dossier 5611 iwwerholl, dat war ongeféier déiselwecht Zäit. Dat huet awer net wierklech zu engem Ëmdenke gefouert, well duerch e Gesetz vun 2009 huet hien déi prekär Aarbechtsverträg: CIE, CAE an der Zäit verlängert a souguer subventionéiert, esou staark, dass a gewësse Fäll 115% vun der Indemnitéit vum Stat iwwerholl gi sinn. De Statsrot huet deemools geschriwwen: «On ne saurait difficilement faire plus.»

(Hilarité)

Hei funktionéiert d'ADEM iwwregens mat Belounungen, net mat Sanktiounen! Ech liesen och, dass elo déi Leit, déi op d'Aarbechtsamt ginn, sollen „Clienten" sinn. Et heescht awer och „le client est roi". An ech weess net, wien dee richtege Roi hei ass vis-à-vis vun der ADEM, wann ech mer déi do Saachen ukucken. Et si sécherlech net déi Aarbechtslos. Et ass e System, deen iwwregens och wahrscheinlech net funktionéiert. Dat wäerte mer nach gesinn, wa mer déi Chiffere virgeluecht kréien, déi versprach gi sinn. An et ass och déi Gesetzgebung, déi herno soll verlängert ginn. Ech wäert och do dergéint stëmmen.

Et ass symptomatesch, mengen ech - ech sinn awer net deen Eenzegen, deen dat hei seet -, fir déi Debatt, dass ouni Evaluatioun vun de Beschäftegungsmoossnamen a vun där gesamter Aarbechtspolitik hei déi Moossname verlängert ginn an och eng Reform vum Aarbechtsamt soll agefouert ginn. Ech begréissen zwar déi méi aktiv Démarche vun där neier Agence pour l'emploi a puncto Prospektioun a Formatioun. Mä do gi keng Absichtserklärungen duer, dofir muss se och Mëttele kréien.

An ech fannen, ganz interessant sinn déi Pisten, déi zum Beispill vun der Chambre des Salariés opgezeechent gi sinn um Niveau vun enger aktiver Interventioun beim Maintien dans l'emploi, vun enger Kontroll och vun de Licenciements économiques, déi net däerfen zu Abusë féieren. Ech wëll och an deem Kader un eis eege Proposition de loi erënneren, déi den Här Hoffmann hei erabruecht huet, iwwert d'Verhënnerung vu mëssbräichleche Kënnegungen. An ech mengen, déi soll endlech och vum Statsrot aviséiert ginn.

Et ass kloer, dass all Aarbechtsplaz, déi an engem Betrib ka gehale ginn, eng manner ass, déi muss traitéiert ginn um Niveau vum Aarbechtsamt. Deen ugekënnegten Débat iwwert de Chômage a sengem Gesamtkontext, mengen ech, an ech schléisse mech do anere Virriedner un, muss endlech gefouert ginn.

Mir begréissen awer contrairement zu deem, wat anerer hei gesot hunn, dass déi nei Agence weiderhi soll eng staatlech Verwaltung bleiwen an net ausgelagert soll ginn.

Mir sinn also d'accord - och wann d'Madame Loschetter virdru suggéréiert huet, déi Lénk wiere géint eng Reform vun der ADEM.

(Interruption)

Do si mer sécher dergéint!

(Interruption)

Mir sinn awer derfir, dass d'ADEM rationell a vill méi effektiv ka funktionéieren, laut hire Moyenen natierlech, déi een da muss kucken. Mä ech mengen, hei bleiwen Inhalt a Richtung vun där Reform weiderhin onbestëmmt respektiv bleiwen op der aler Schinn. An duerfir kënnegen ech och hei meng Enthalung zu deem Projet do un.

Mme la Présidente.- Merci, Här Urbany. Et sinn da keng weider Riedner agedroen. Dann huet d'Regierung elo d'Wuert.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Madame Presidentin, ech wëll emol fir d'Eischt, wéi all meng Virriedner, dem Rapporteur Merci soe fir deen ëmfangräiche Rapport, deen effektiv dee laangen Historique mécht vun där Reform hei.

Et ass elo e puermol gesot ginn: D'Gesetz iwwert d'ADEM ass vun 1976, a mir haten eng Rei Etappen, wou effektiv déi Reform hei ugeduecht ginn ass, iwwer en éischten Audit an den 90er Joren an dann dee berühmtenen Audit vun der OCDE, deen, ech rappeléieren, dräi Saachen, fir mech wichteg Saache gesot huet: D'ADEM huet keng Mëttelen, d'ADEM huet net genuch Leit a si huet ze wéineg Plaz. Dat heescht, raimlech ass se extrem enk bemiess.

Ech mengen, déi dräi Punkten eleng, déi jo net schénge fir den Här Bauler besonnesch wichteg ze sinn, déi hu mer ganz schnell geléist. Mir hunn der ADEM méi Mëttele ginn. Mir hunn der ADEM méi Plaz ginn, an zwar op verschiddene Plazen, wou den Accès fir d'Demandeurs d'emploi a fir d'Entreprisë méi einfach ginn ass. A mir hunn hir besonnesch och méi Leit ginn. Dat just als Virbemierkung.

Mir sinn alleguer d'accord, datt vläicht déi Reform éischter hätt kënne kommen. Mä dat ass eng Diskussioun, déi net wichteg ass. Si ass elo do a si muss elo mat Liewe gefëllt ginn.

Ech ka mech nëmmen e bësse wonneren, datt ee vum Gesetz, vun engem Gesetz alles fuerdert, besonnesch, wann et sech ëm eng Administratioun oder ëm eng Institutioun oder eng Agence handelt. Et ass nëmmen e Kader. An ech kann absolut déi Formel, déi den Här Spautz gebraucht huet, vum Réibau iwwerhuelen. Et ass e Réibau, a mir mussen dee Réibau elo vu banne fëllen. Mir mussen déi richteg Miwwelen, déi richteg Tapéit a besonnesch déi richteg Bewunner, déi musse mer drakréien. Dir wësst, vu wat ech schwätzen. An dat ass den essenzielle Punkt: wéi mer déi Reform elo un d'Liewe kréien.

An dat ass awer amgaangen! Et ass net esou, datt mer elo op dat Gesetz gewaart hätten, d'Hänn an de Schouss geluecht hätten a gesot hätten: Ma elo stëmme mer emol schéi brav d'Gesetz an da kucke mer, wéi dat Gesetz implementéiert gëtt. Neen, déi Reform, déi ass amgaange säit dem éischte Moment, säitdeem, wou mer déi Reform ugepaakt hunn.

Ech wëll och e bësse korrigéieren, wat hei gesot ginn ass iwwer notamment déi Amendementer, déi a leschter Minutt do erakomm wieren an dee ganze Projet revolutionéiert hätten. Also, ech hunn..., an dat nëmmen, well mer eng Firma - MindForest, fir se net ze nennen - engagéiert hunn. Déi Agence, déi schafft scho bal, scho säit engem ganze Joer an der ADEM an ass amgaangen, d'Prozeduren effektiv unzepasse fir dat, wat jo jiddwereen hei fuerdert: den individuelle Suivi, déi individuell Betreiung, fir dat och richteg ze organiséieren.

Mä déi Amendementer hunn dee Projet hei iwwerhaapt net revolutionéiert. Si hu just e puer Korrekturen drabruecht. Duerfir kann ech mech heiansdo wonneren, wéi d'Leit hir Projeten oder d'Amendementsprojete liesen. Mä dat ass en Detail.

Wichteg ass natierlech och, datt mer déi Aarbecht vun der interner Reform zesumme mat där Agence weiderféieren. An dat ass och virgesinn! Well am Projet selwer ass en Artikel virgesinn, deen ons erlaabt, iwwert déi nächst zwielef Méint, a wann et muss sinn och méi laang, dee Reformprozess ze ënnerstëtzen, fir datt déi Reform hei e Succès gëtt. Well mir kënnen ons keen Échec - an hei sinn ech mat jiddwerengem d'accord! -, mir kënnen ons keen Échec erlaben. Den Enjeu ass ze grouss.

D'ADEM, jo, ass net d'Institutioun, déi Aarbechtsplaze kreéiert. Dat wësse mer alleguer. Dat ass eng Binsenwahrheit. Dat bräicht een eigentlech scho guer net méi ze rappeléieren. „It's the economy, stupid", wéi de Clinton gesot hat, déi d'Aarbechtsplaze schaaft. Et ass do, wou mer mussen derfir suergen effektiv, datt Aarbechtsplazen entstinn.

Mä déi entstinn! Et ass net esou, datt d'Lëtzebuerger Ekonomie an deene leschte Joren, souguer an deene leschte Méint keng Aarbechtsplaze kreéiert hätt! Ech krut de Mueren déi lescht Chifferen. An déi lescht Chiffere weisen, datt am August, iwwert d'Joer gekuckt, par rapport zum August vum Joer virdrun nach 3,3% méi Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg entstane sinn - an 3,3% Salariés-Aarbechtsplazen! Net, wéi ëmmer gesot gëtt, dat si lauter Fonctionnairen, déi geschafe ginn, well d'Kreatioun vun deenen Aarbechtsplaze läit nëmme bei 1,8%.

Dat heescht, de Secteur, deen Aarbechtsplaze schaaft a méi engem Beräich vu Konkurrenz, deen ass nach weider dynamesch. Mä do, wou et oft happert, dat ass, datt mer déi Aarbechtsplazen net ëmmer mat Leit besat kréien, déi hei am Chômage sinn. Okay, do läit en „gap". Do läit dee groussen Défi. An do ass natierlech eppes vun der ADEM erfuerdert.

Mä och - ech weess net, ob Dir et waart, deen dat gesot huet -, Dir kënnt net d'ADEM mat alle Missioune belaaschten. Ech hunn an engem Interview gelies, d'ADEM misst elo eng Fortbildungs- a Weiderbildungs- an ech weess net wat fir eng aner Bildungsinstitutioun ginn.

Jo, d'Instrument vun der Weiderbildung, vun der Fortbildung, vun der neier Orientéierung ass en essenziellt Stéck an der ADEM, mä d'ADEM ass net en neien CNFPC, ass net eng Institutioun Schoul. D'ADEM ass en Organ, en Instrument, fir d'Leit an déi richteg Richtung, wa muss weidergebilt ginn, wa muss fortgebilt ginn, ze orientéieren. Mä si selwer huet net d'Missioun, alles dat, wat an der Schoul verpasst ginn ass, ze kompenséieren a sech der Schoul praktesch ze substituéieren. Dat ass also wichteg.

Mä wat ass d'ADEM als Instrument nach? D'ADEM ass eigentlech fir ons, an enger ganz oppener Ekonomie, an engem Aarbechtsmaart, deen extrem oppen ass... A Gott sei Dank op ass, well soss hätte mer net dee Wuelstand, dee mer hei erreecht hunn, wann net déi 150.000 Leit all Dag bei ons géife schaffe kommen an derfir suergen, datt déi Ekonomie hei op esou engem héijen Niveau dréit an esou eng héich Produktivitéit huet an esou vill Räichtum fir ons alleguerten hei produzéiert - vläicht net fir ons alleguer, mä fir eng grouss Zuel - a fir e Sozialstat suergt, dee mer bis elo nach konnten an der Riicht halen.

Mä - mä! - d'ADEM muss ons trotz allem hëllefen, de Contrôle an d'Initiativ op onsem eegenen, wann een esou dierf soen, nationalen Aarbechtsmaart besser erëmzekréien. Do läit d'Missioun vun der ADEM, datt och déi Leit, déi Résidenten, déi hei am Chômage sinn, eng Chance hunn, op engem kompetitiven, konkurrenzstaarken Aarbechtsmaart eng Chance hunn, an d'Aarbechtsliewen eranzekommen.

A wann d'ADEM schwaach ass, wann d'ADEM net gutt funktionéiert, wann d'ADEM deene Leit net Méiglechkeeten offréiert, fir e Wee ze fannen, an d'Aarbecht zréckzekommen, da spillt natierlech dee berühmtene Marché. A mir wëssen, wéi dee Marché spillt!

Haut ass eng interessant Statistik erauskomm - et gëtt jo ëmmer gesot, mir hätten net vill Statistiken iwwert d'Aarbechtsliewen -, mä aus der Groussregioun, iwwert d'Grenzgänger. An do ass probéiert ginn, de Grenzgänger ze identifizéieren. Wien ass de Grenzgänger? Am éischte Saz steet, en ass männlech, en ass jonk, en ass vollzäitbeschäftegt an en ass iwwerduerchschnëttlech qualifizéiert.

Dat ass den Défi vun engem oppenen Aarbechtsmaart, dat doten, datt d'Leit eben an där Konkurrenzsituatioun stinn. An duerfir musse mer natierlech suergen, datt déi Leit, déi an de Chômage kommen, net offalen an net Laangzäitaarbechtsloser ginn, well d'Laangzäitaarbechtslosegkeet ass natierlech Gëft an heescht och - ech mengen, den Här Lux huet dat gesot -, heescht, datt aus der Aarbechtslosegkeet ganz oft eng Verlängerung an eng permanent Fragilitéit, eng permanent Précaritéit vun der Aarbechtslosegkeet gëtt.

Dat heescht, d'ADEM ass onst Instrument, fir d'Initiativ op onsem Aarbechtsmaart ze behalen, oder - besser gesot - ze verbesseren.

Nu wëll ech mech net laang ophale mat der Diskussioun: Établissement public oder net Établissement public? Ech mengen, dat ass scho laang gesot ginn. Dat, wat wichteg ass, dat ass, datt déi Leit, déi do schaffen, datt déi hir Aarbecht gutt maachen, datt déi Moyenë kréien, fir hir Aarbecht gutt ze maachen, datt se gutt ausgebilt ginn. An och hei gesäit d'Gesetz vir - an ech mengen, dat ass eng relativ Innovatioun, datt dat an engem Gesetz virgesinn ass -, datt déi Leit, déi an enger Administratioun beschäftegt sinn, musse weidergebilt ginn.

Natierlech spillt och do de Rekrutement eng Roll. Et gëllt net einfach ze soen, bon, aus dem Concours beim Stat huele mer de 27., 28. an den 29., déi schécke mer bei d'ADEM. Neen, net jiddwereen ass fir dee komplizéierten an haarde Métier vum Conseiller professionnel gemaach. Ech mengen, do muss ee kucken, datt déi Leit, déi déi Carrière choiséieren, och wierklech déi Viraussetzunge matbréngen an dann natierlech déi Formatioun kréien, zu Lëtzebuerg oder iergendwou anescht. Duerfir hu mer jo och déi Kooperatioune mat onsen Nopeschlänner, besonnesch mat den Agenturen an onsen Nopeschlänner, fir déi Kooperatioun ze maachen.

Also, mengen ech, ass déi Fro vum Établissement public net eng wesentlech Fro. Mä mir hu virgesinn, fir deenen dat ze rappeléieren, déi vläicht viru laanger Zäit dee Projet emol gelies hunn, datt mer a fënnef Joer - mä wann Der wëllt, kënne mer dat och an dräi Joer maachen - eng Evaluatioun maachen a kucken: Huet dee Kader hei seng Erwaardungen erfëllt, oder stellt sech effektiv d'Fro, datt mer dat awer changéieren, well effektiv eng Rei Problemer vläicht entstane sinn, déi mer haut nach net esou direkt gesinn?

Déi Méiglechkeet ass do, an ech géif och soen, déi ass scho praktesch am Projet ageschriwwen. Well wann... Ech si verwonnert, datt iwwert déi Commission de suivi esou vill Negatives gesot gëtt. Mä déi Commission de suivi, wann déi kritiséiert gëtt: Géif dann och an engem Établissement public kritiséiert ginn, wa mer e Conseil d'administration geschaf hätten? Géife mer dann och soen, dat wier e Conseil d'administration, deen e Waasserkapp géif duerstellen? Neen, dat géife mer net soen, well do zu engem Établissement public gehéiert e Conseil d'administration.

Da froen ech, firwat net bei enger grousser Administratioun, déi no beim Bierger, no bei hirem Client muss sinn, och dierf eng Commission de suivi sinn, déi, wéi den Här Spautz d'ailleurs gesot huet, eng tripartite Kompositioun huet, dat heescht, datt souwuel d'Patrone wéi d'Gewerkschaftler an esou enger Commission de suivi zesummekommen, fir ebe genau eng Evaluatioun ze maachen, fir Recommandatiounen ze maachen an, ech soen et ganz kloer, fir e gewëssene Contrôle op d'Direktioun vun der ADEM auszeüben.

Mir sinn also hei schonn amgaangen, u sech eppes ze maachen, wat vläicht net ganz klassesch ass, wat vläicht e bëssen déi e bësse konservativ Konzeptioun vun der Administratioun iwwerschreit. Mä ech mengen, hei gëllt et, innovativ ze sinn, hei gëtt also eng Richtung uginn, datt eben déi Administratioun net einfach kann als Administratioun funktionéieren, mä datt se weess, datt doriwwer d'Sozialpartner plus aner Ministèren, iwwregens och de Ministère vun der Économie sociale et solidaire, kucken, ob déi Missioune richteg ausgeübt ginn. Dat ass also fir mech e ganz wichtege Punkt, datt déi Commission de suivi, wa se composéiert ass, och e wichtege Rôle an der ADEM do spillt.

Elo gëtt geschwat vun dem Suivi individuel. Ech mengen, dee steet oft genuch am Projet. Mä de Suivi individuel, dee muss um Terrain stattfannen! Dee fënnt net am Projet statt, dee fënnt um Terrain statt. An dee fënnt statt, well d'Conseillers professionnels éischtens Zäit hunn; mir mussen also d'Zuelen nach weider reduzéieren, wou se sech mat Demandeurs d'emploi beschäftegen, a si brauchen eben eng méi komplett Orientatioun, méi eng komplett Form vun der Aarbecht.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

An do ass d'Instrument geschaf! Mir hunn eng Convention de collaboration, an déi Convention de collaboration, déi erlaabt précisément, den Demandeur d'emploi besser kennenzeléieren, all seng Facetten ze kucken an ze kucken: Wou si seng Schwächten, wou si seng Stäerkten, wou musse mer dat kompenséieren iwwer Formatiounen, déi e brauch, fir seng - obwuel ech dat Wuert net besonnesch gär hunn - Employabilitéit ze verbesseren an en esou op den Aarbechtsmaart zréckzebréngen?

Nun huelen ech eng aner Propositioun eraus, et ass déi vum Här Bauler, dee seet, ma mir hätte misse méi mat privaten Acteuren oder privaten Agencen zesummeschaffen. Och do, Här Bauler, hutt Der d'Gesetz net esou gelies, wéi ech eigentlech vun Iech dat erwaart hat.

(Brouhaha)

M. André Bauler *(DP)*.- Ah sou!

Une voix.- Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Well mir hunn ons déi Moyenen am Gesetz ginn. Dat steet vläicht net op 24 Zeilen, mä et steet ganz kloer do, datt d'ADEM d'Méiglechkeet huet, mat privaten Entitéiten zesummenzeschaffen. Geschitt dat net elo schonn? Natierlech geschitt et elo schonn!

A wa vu Beschäftegungspolitik geschwat gëtt, wat ass da Beschäftegungspolitik? Dat ass e grousst Wuert. Mä Beschäftegungspolitik, déi deklinéiert sech an eng Kooperatioun mat deenen, déi, wéi Der richteg sot, d'Aarbechtsplaze schafen. Beschäftegungspolitik vun uewen erof kann net funktionéieren. Beschäftegungspolitik muss haaptsächlech mat deenen zesummen ausgeschafft ginn, wou d'Aarbechtsplaze geschaf ginn.

An dat si mer amgaangen ze maachen, wa mer dee Programm „Fit4Job" an de Finanzsecteur bruecht hunn, fir ze probéieren, e Maximum vu Leit, déi an deem Secteur hir Aarbechtsplaz verluer hunn, erëm zréck op eng Aarbechtsplaz ze bréngen. A mat engem reelle Succès, well mir sinn elo beim véierte Programm, an eng ganz Rei Leit hunn erëm eng Aarbechtsplaz am Finanzsecteur fonnt, well se zesumme mam Secteur evaluéiert gi sinn, hir Kompetenze gekuckt gi sinn, an natierlech zesumme mat der ADEM an dem Secteur d'Vermëttlung organiséiert ginn ass.

An dat, wat mer beim Finanzsecteur maachen, dat maache mer beim Commerce; dat leeft elo ufanks des Joers un. Ech hat virun e puer Deeg d'Horeca do, déi interesséiert ass, en ähnleche Projet ulafen ze loossen. D'Chambre des Métiers, mat där si mer amgaangen, fir ze kucken, wéi mer och d'Handwierk, wat jo ee vun deene Créateurs d'emplois nach hei zu Lëtzebuerg ass, wéi mer och do besser d'Leit kënnen an d'Handwierk orientéieren.

Dat ass konkret Beschäftegungspolitik, net iwwer grouss national Pläng iwwer Beschäftegung, mä konkret mat den Acteuren zesumme kucken: Wéi brénge mer et fäerdeg, Leit, déi am Chômage sinn, jonk Leit, déi eng Aarbechtsplaz sichen, schnell an eng Beschäftegung ze kréien? Wat brauche se? Brauche se Formation complémentaire, da gi mer hinne se, awer déi muss och definéiert ginn, mat den Entreprisen, mat den Employeuren, fir datt se och wierklech et erlaabt, an eng Aarbechtsplaz eranzekommen.

Dat sinn also e puer Iwwerleeungen, déi ech hei wéilt maachen. E Punkt: Struktur a Kultur - jo natierlech, dat do ass d'Kultur, an op déi Kultur kënnt et un. An ech wëll do ee Wuert soen zu deem, wat den Här Spautz am Ufank gesot huet, dat ass de Management. An do, mengen ech, ass e groussen..., eppes, wat nach net ëmmer hei zu Lëtzebuerg ukomm ass.

Eng Administratioun heescht net, administréieren, eng Administratioun heescht och Management. An ech mengen, wa mer vu Réforme administrative schwätzen, dann heescht dat natierlech, dee Geescht vu Management, vun Organisatioun, vu Kommunikatioun, vun Transparenz, vun Écoute an d'Betriber, mä och an d'Administratiounen erabréngen. An ech mengen, dat ass effektiv ee groussen Défi, datt mer an deem Sënn d'ADEM ëmbauen an datt mer déi Reform mat de Leit fäerdegbréngen. Mir bréngen déi net géint d'Leit, déi an der ADEM schaffen, fäerdeg. Mir brénge se nëmme mat de Leit, déi an der ADEM schaffen, fäerdeg. Dat ass dee reellen Défi.

Duerfir hu mer och déi Reform mat de Leit ugefaangen. Mir hunn - wa gesot gëtt, periodesch Réuniounen organiséiert -, natierlech hu mer periodesch Réuniounen, well d'Leit net sollen d'Gefill hunn, datt iwwer hir Käpp ewech décidéiert gëtt, mä datt muss probéiert ginn zesummen - mat all deene gudden Iddien, déi all déi Leit hunn, déi jorelaang an där ADEM schaffen, hiren Experienzen, hire Frustratiounen, hiren Déceptiounen, awer op déi eng Äntwert fonnt gëtt! -, datt mer do dee richtege Wee fannen, fir an déi richteg Richtung ze goen.

Eng lescht Remarque fir d'Orientatioun. Madame Loschetter, ech si verwonnert, datt Dir esou vill iwwert d'Absence vun Orientatioun geschwat hutt. Och do ass dat en Artikel, ech mengen, dee méi kloer net am Gesetz ka stoen. Dir hutt ugeprangert, datt misst zesummegeschafft ginn tëschent den Acteuren, besonnesch fir déi Jonk.

Mä Orientatioun ass net nëmmen eng Saach vun deene Jonken. Orientatioun gëtt och ëmmer méi eng Saach vu manner Jonken, vun all deene Leit, déi mussen hir Aarbechtsplaz änneren, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, déi hir Qualifikatioun op eemol dévaloriséiert kréien, well se net méi gebraucht gëtt. Orientatioun ass eppes Breedes, wat net nëmmen déi Jonk ugeet, mä och Leit, déi schonn e bësse méi al sinn.

Den Artikel 622-18, dat ass relativ um Schluss vum Gesetz, dee seet ganz kloer, énuméréiert ganz kloer all déi Acteuren, déi mussen zesummebruecht ginn, a seet: «Cette collaboration peut être organisée dans le cadre d'une structure commune de l'orientation.». Eh bien, dës Structure commune de l'orientation wäerte mer, an Dir sidd häerzlech als Schäffe vun der Stad Lëtzebuerg, Sozialschäffen, agelueden...

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madame Loschetter Iech eng Fro stellt?

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Jo.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci. Ech weess, Här Minister, datt Dir elo gläich eppes aweit. Ech weess och, datt dee Saz am Artikel steet. Mä ons Kritik war eng ganz aner. Ons Kritik war: Mengt Dir - oder d'Fro, déi ech Iech stellen -, mengt Dir net, et wier sënnvoll gewiescht, Iech vläicht nach sechs Méint ze huelen an dann e Projet ze déposéieren, wou net nëmmen drasteet, datt Dir wëllt mat deenen zesummeschaffen? Oder wëllt Dir per Règlement grand-ducal elo iergendwéi de Modus definéieren, wéi en Arbeitsamt mat enger Maison de l'orientation an notamment och mat aneren Institutioune soll schaffen, déi vläicht anescht si wéi just d'Commission de suivi?

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Ech si verwonnert: Dir hutt op där enger Säit gesot, d'Zäit, déi wier knapp a mir hätte schonn Zäit verpasst, fir déi Reform ze maachen - a mir sollten elo nach eemol sechs Méint huelen, fir ze kucken, wéi mer...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dir hat zwee Joer Zäit!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Neen, d'Maison de l'orientation, déi mecht op, wahrscheinlech am Februar oder am Mäerz. D'Modalitéiten, wéi do zesummegeschafft gëtt, déi si fixéiert, a mir brauchen duerfir net laang Gesetzer ze maachen. Mir sinn e Land, wat mengt, mir missten alles iwwer Gesetzer regelen. A mir brauche Joren, ier mer e Gesetz adoptéiert hunn!

Neen, ech mengen, wann et eng Maison de l'orientation gëtt, wou all d'Acteuren, Dir hutt se entre autres e bëssen alleguer genannt, ob dat elo d'ALJ ass, ob et de SPOS ass, ob dat de Service d'orientation vun der ADEM ass - ech hoffen, datt och d'Héichschoulservicer do matmaachen, de CEDIES -, wou déi sech regruppéieren an enger Maison de l'orientation. Duerfir, dee Wee, deen Dir opgezeechent hutt vun deem Jonken - dee vun der ALJ bei en anere Service iwwert d'Schoul net weess, wou en higeet -, dee weess da ganz genau, wou seng Adress ass a wou e richteg berode gëtt an net sechsmol dat nämlecht gesot kritt, mä eemol gesot kritt, wat säi Wee, säi méigleche Wee, no sengem eegene Choix natierlech, kéint sinn.

An déi Maison de l'orientation kënnt op d'Stäreplaz; d'Locatioun ass gemaach. Mir kënnen also ganz schnell démarréieren a mir brauchen net nach eng Kéier sechs Méint ze verléieren, fir déi Maison de l'orientation opzemaachen.

Voilà, ech mengen, de Service employeurs wollt ech awer nach kuerz uschneiden. Och do ass gesot ginn, d'ADEM misst e Guichet unique hu fir d'Employeuren. Mä genau dat ass et, wat mer am Text stoen hunn. An dat ass och amgaangen, en place gesat ze ginn. D'ADEM huet u sech - ech hunn dat Wuert, et ass gesot ginn, „Clienten" a priori net besonnesch gär; „Usageren", loosse mer emol et besser esou nennen - zwou Zorte vun Usageren: op där enger Säit den Employeur, ouni deen näischt geet, well ouni Offere kann déi bescht ADEM kee vermëttelen, an natierlech den Demandeur d'emploi.

A fir den Employeur, fir déi Confiance ze gewannen, déi mer brauchen, fir aus der ADEM dat Instrument ze maachen, wat mer wëllen, riichte mer e Service employeurs an, wou d'Employeuren all Informatioune kréien, wou se gehollef kréien, och fir hir eegen Offeren. Well oft sinn d'Offeren och net ganz prezis! Wa gesot gëtt, et gëtt dee Falschen dohinner geschéckt, dann ass dat och oft, well d'Offer net genügend definéiert ass a genügend preziséiert ass!

An e leschte Punkt ass - keen huet et gesot - den Délégué à la formation, d'Koordinatioun vun der Formatioun, d'Evaluatioun vun alle Programmer, déi et fir Formatioun gëtt. Well och do: D'Wuert magique „Formatioun" ass net eng Léisung fir alles - mir mussen och do mat enger gewëssener Prudenz drugoen! Ech mengen, dat, wat mer de Leit wëlle ginn, dat ass net „formation pour la formation", dat ass eng Qualitéitsformatioun, mat där se och kënnen an hirem zukünftege Beruffsliewen eppes ufänken. An duerfir ass d'Schafe vun engem Délégué à la formation virgesinn.

Ech mengen, dat ass en zentraalt Element vun enger moderner ADEM, an ech hoffen, datt alles dat zesummen an engem Geescht vu Kooperatioun tëschent deene verschiddenen Acteuren an der ADEM, mä awer och mat de Partner dobaussen, ons erlaabt, de Chômage hei zu Lëtzebuerg zréckzebréngen an effektiv, esou wéi ech dat virdru gesot hunn, d'Initiativ op onsem Aarbechtsmaart erëmzekréien.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Aarbechtsminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss.

3. Ordre du jour

Mir kënnen am Moment net iwwert de Projet ofstëmmen, well mer e Problem mat eiser Ofstëmmungsmaschinn hunn. Mir mussen also de Vote méi spéit virhuelen.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Ech wollt Iech och soen, datt mer d'Sitzung herno kuerz wäerten ënnerbriechen. Nodeems mer nach iwwert de Médiateur ofgestëmmt hunn an och nach nom Projet de loi iwwert d'Änderung vum Code du travail maache mer eng kuerz Ënnerbriechung, an um hallwer zwou geet d'Sitzung dann erëm virun.

4. Nomination d'un médiateur

Gutt, elo kéime mer dann zu eisem nächste Punkt: Sou wéi d'Artikelen 127 bis 131 vum Chambersreglement et festhalen, ass d'Chamber dozou opgeruff, haut de Moien e Médiateur ze bezeechnen. D'Lëscht vun de Kandidaten ass un d'Deputéiert verdeelt ginn, d'Désignatioun vum Médiateur erfollegt duerch eng Majoritéit vun deenen Deputéierten, déi präsent sinn.

D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et däerf also net par procuration gestëmmt ginn. Dir sidd also gebieden, Iech fir eng Kandidatur um Stëmmziedel ze entscheeden.

Ech géif dann eis Huissiere bieden, d'Stëmmziedelen auszedeelen.

Vote secret

Sou! Ech maachen dann elo den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

Appel nominal

Den Här Adam, d'Madame Adehm, d'Madame Andrich-Duval, den Här Angel, d'Madame Arendt, den Här Bauler, den Här Bausch, den Här Berger, den Här Bettel, den Här Boden, den Här Bodry, d'Madame Brasseur, den Här Braz, den Här Clement, den Här Colombera, d'Madame Dall'Agnol, den Här Diederich, d'Madame Doerner, den Här Eicher, den Här Eischen, d'Madame Err, den Herr Etgen, den Här Fayot, d'Madame Frank, den Här Gibéryen, den Här Gira, den Här Gloden, den Här Haagen, den Här Haupert, den Här Helminger, den Här Henckes, den Här Kaes, den Här Kartheiser, den Här Klein, den Här Kox, den Här Lies, d'Madame Lorsché, d'Madame Loschetter, den Här Lux, den Här Meisch, d'Madame Mergen, den Här Meyers, ech selwer, d'Madame Mutsch, den Här Negri, den Här Oberweis, d'Madame Polfer, den Här Roth, den Här Schaaf, den Här Scheuer, d'Madame Scholtes, den Här Spautz, d'Madame Spautz, den Här Urbany, den Här Wagner, den Här Weber, den Här Weiler, den Här Weydert, den Här Wilmes an den Här Wolter.

Huet jiddweree säi Stëmmziedel ofginn?

(Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn.

Da gëtt d'Sitzung ënnerbrach.

(Suspension de la séance publique à 11.54 heures)

* * *

(Reprise de la séance publique à 12.00 heures)

D'Sitzung geet erëm weider.

D'Stëmmziedele si folgendermoossen opgedeelt: Total vun de Stëmmziedelen: 55. Domadder ass déi noutwendeg Majoritéit, esou wéi se am Gesetzestext virgesinn ass, 28. Déi Stëmme verdeele sech folgendermoossen: fir d'Madame Lydie Err: 44 Stëmmen, fir den Här Roy Reding: 3 Stëmmen, a wäiss Ziedelen: 8. D'Majoritéit ass also mat 28 Stëmmen - an also am Ganze 44 Stëmmen - fir d'Madame Lydie Err erreecht, esou datt si domadder als Médiateure gewielt ass.

(Applaudissements)

Meng Félicitatiounen un d'Madame Err. Mir wënschen hir bonne Chance fir hiert neit Mandat.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6374, enger Ofännerung vum Code du travail. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgelueght, an et hu sech ageschriwwen: déi Häre Wilmes a Bauler. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

5. 6374 - Projet de loi portant

1. modification de l'article L.211-11 du Code du Travail;

2. modification de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

3. modification de la loi modifiée du 11 novembre 2009 portant 1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes; 2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Finanzkris, d'Wirtschaftskris a steigende Chômage begleeden eis an dëse Méint permanent. De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, proposéiert an dem Kontext vum Chômage eng Verlängerung vu verschiddene Moossname vum Aarbechtsrecht ëm e weidert Joer, bis zum 31. Dezember 2012. Spéitstens säit de Statec seng Note de conjoncture vum November 2011 publizéiert huet, wësse mer, dass eng Verbesserung vun de wirtschaftlechen Zuelen an domat eng Verbesserung vun den Zuelen um Aarbechtsmaart nach net a Siicht ass, mais bien au contraire.

De lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart huet während dem zweeten Trimester 2011 leider nees eng Hausse vun der Aarbechtslosegkeet verzeechent a klëmmt mat sechs Prozent am Oktober dëst Joer op den Niveau vun 2010. Wann ee bedenkt, dass am Moment ronn 15.000 Leit op der Sich no enger Aarbecht sinn, an do sinn déi, déi zurzäit an enger Mesure sinn, net dragerechent, da gëtt ee sech dem Eescht vun der Situatioun voll bewosst.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, dréit dëse besuergniserregende Previsioune Rechnung a verlängert dofir ëm ee weidert Joer folgend dräi Moossnamen, déi soss den 31. Dezember dëst Joer respektiv den 2. Januar 2012 auslafe géifen, an zwar: éischtens, d'Dispositioun iwwert d'Applikatioun vun der sougenannter Période de référence; zweetens,